
# De Louis




## De Schierener Buet

N° 06 Juli 2002

De Schierener Buet

N° 06 Juli 2002

# Titelphoto

Een neie Bijou fir d'Schierener Gemeng...
**d'Butzeschoul ass ageweiht ginn.**
*Voir notre article pages 4 et 5.*

## Redaktioun an Zesummensetzung

Guy Berwick, Mil Goerens, Jos Nerancic, Camille Pletschette, André Schmit.

### Entworf vum Deckel

Camille Schaul

### Fir d'Fotoen soen mir villmols Merci dem:

Greitchen Bertemes, Franz Elcheroth, Gust Goerens, Josip Nerancic, Marc Schmitz, Carlo Thill, an d'Veräiner.

### Drock

Imprimerie de Gasperich s.à r.l., Schieren
Z.I. rue de la Gare, 19

### Oplo

580

### Präiss

Eenzelnummer 3 €, Abonnement 12 €.

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.
e-mail:de.louis@gmx.net

# An dëser Nummer

Conseil communal de Schieren ..... 1-2
Le receveur communal ..... 3
D'Butzeschoul ass ageweiht ginn ..... 4-5
Neie Initiative soziokulturellen: Leader+ ..... 6
Holzverkaaf / Vente de bois ..... 6
Tour de France 2002 ..... 7
Fête populaire du 2 juin 2002 ..... 8
War 1940: Martin Thoma ..... 9-15
1. Meefeier zu Schieren ..... 16-17
Chorale Cæcilia ..... 18
Jugend Generalversamlung ..... 19
Mammendagsfeier ..... 20
Den Gaart an Heem Schieren am Trauer ..... 21
Turnverain Schieren ..... 21
5. Tournoi Jugendkommissioun vum FC Schieren ..... 22
FC Jeunesse Schieren: La victoire du courage! ..... 23
Saison 2001-2002 BBC Black Frogs Schieren ..... 24-28
Tennis Club Schieren ..... 29
Den Hämmelsmarsch ..... 30
D'Schierener Musek aus dem Rolléngergronn ..... 31
Päischttournoi vun der Härenekipp ..... 32
Schoulsport - Dag zu Schieren ..... 33
Schulkinder: 2.200 Eur für krebskranke Kinder ..... 33
D'Schouljoeren stellen sech vir! ..... 34-37
Schierener Kommiounskanner ..... 35
Abschied von der Primärschule ..... 36-37
Bued Louis ..... 38
D'Schierener Massendenger ..... 38
Grouss Botz zu Schieren ..... 39
Si hu Lëtzebuergesch geléiert ..... 39
Chantiers 2001-2001 ..... 40
Festkalenner

# Extrait au registre des délibérations du conseil communal de SCHIEREN

**Séance publique du: 06.05.2002**

**Présents: MM Jos LUTGEN, bourgmestre - Jos ZEIMES, André SCHMIT échevins Antoine NICKELS, Mme Juliette KEMP-WEBER, Marc SCHMITZ, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK et Jean MONS, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.**

## 1. Devis: Travaux d'entretien de la voirie rurale communale

De Gemengerot huet sech mat den Deviën fir die eenzel Arbechten un de Gemengefeldweeër ausernee gesat. D'Ackerbauverwaltung hat däss Projetën fir d'Gemeng ausgeschafft, an de Conseil huet schliesslech beschloss folgend Aarbechten ausféieren ze loossen:
Mat 8 Stëmme géint 1 (André Schmit): de Wee ënner Buchholz zum Präis vu 40.600 Euro an die verschidde jährlech Aarbechten an Héicht vu 25.000 Euro. De Projet fir de Wee vun der Buchenallee bis bei de Fussballterrain am „béton asphaltique" an Héicht vun 30.000 Euro neizemachen as mat 6 Stëmme géint 1 (André Schmit) an 2 Enthalungen (Patrick Berwick a Camille Pletschette) gestëmmt ginn.

Le conseil communal a discuté les divers devis relatifs aux travaux d'entretien ordinaire à exécuter à la voirie rural communale en exercice 2002. Le conseil communal décide de faire exécuter les travaux suivants et selon les projets dressés par les services techniques de l'agriculture:
Par huit voix contre une (André Schmit) le chemin «Enner Buchholtz» pour 40.600 euros ainsi que les divers travaux généraux pour 25.000 euros. Finalement il a été décidé par 6 voix pour, une voix contre (André Schmit) et 2 abstentions (Patrick Berwick et Camille Pletschette) de refaire le chemin allant de l'allée aux hêtres en direction du terrain de football en béton asphaltique pour le montant de 30.000 euros.

## 2. Enseignement: Création d'une classe d'enseignement primaire supplémentaire

Nit aleng an der Perspektiv vun der Schoulorganisatioun 2002/2003 huet de Conseil eng richtungsweisend Décisioun geholl: Ab dem nächste Schouljoër gëtt fir die Schierener Primärschoul e siwente Léierposten definitiv ausgeschriwwen. Däss Décisioun ass vun engem Avis vum Schoulinspekter gedro, an erméiglecht och an Zukunft op brevetéiert Léierpersonal zréckzegräife wann die eng oder aner Schoulklass muss gedeelt ginn.

Le conseil communal a pris une importante décision concernant les organisations scolaires à venir: en effet sur avis de Monsieur l'inspecteur d'école le conseil communal a décidé de créer un septième poste définitif d'enseignement primaire. De cette manière la commune de Schieren pourra recourir dorénavant à du personnel breveté au cas où l'une ou l'autre des classes primaires devra être divisée en deux.

## 3. Enseignement: Accord de principe concernant l'assistance en classe

Op Gronn vun engem Avis vum Schoulinspekter beschléisst de Gemengerot der Spillschoulsklass vun der Madame Decker bis zum Enn vum lafende Schouljoër eng speziell Hëllef fir de Schluss vun de Schwammstonnen zur Säit ze stellen.

Sur avis de l'inspecteur d'école, le conseil communal décide d'accorder une assistance spéciale à Madame Decker pour assurer un meilleur déroulement des leçons de natation.

## 4. Compromis: Commune de Schieren - Arthur Elsen concernant des fonds sis à Colmar-Pont

De Gemengerot beschléisst fir dem Häer Arthur Elsen ee Stéck laanscht de Vizinalwee zu Colmar-Bréck ofzetrieden, dat an der Perspektiv vun der Vergréisserung vum Pianos-Commerce. Esou gin 1,20 Ar zum Präis vun 1.487 Euro verkaaft.

Le conseil communal décide de céder au sieur Arthur Elsen une parcelle de 1,20 ares au prix de 1.487 euros à Colmar-Pont, ceci dans la perspective de l'agrandissement de la surface artisanale du commerce de pianos.

## 5. Taxe communale sur la consommation d'eau potable

Op Wonsch vum Innenministère revidéiert de Conseil seng Décisioun vum 21.12.2001 wat d'Konversioun vun de Gemengentaxen an Euro-Wäerter betrëfft.
Esou wéi d'Gesetz et virgesäit gi sämtlich Taxen, déi d'Waasserwiesen ugin an d'Präiser ouni TVA ausgedréckt. Die entspriechend TVA vun 3% gëtt derzougerechend.

Suivant recommandation du Ministère de l'Intérieur, le conseil communal a revu sa délibération du 21.12.2001 relative à la conversion des taxes communales en valeurs euro. En effet, selon la législation en vigueur, toutes les taxes en relation avec le service de distribution d'eau potable sont à exprimer en valeurs hors TVA.

## 6. Accord de principe: Financement de la première phase du programme *Leader+*

De Gemengerot gëtt gréng Luucht fir die éischt Phase vum Programm LEADER+ matzefinanzéieren.
Dëse regionalen Entwécklungsprojet gëtt elo am Ufank vun der Gemeng Dikkrich virfinanzéiert.
No der Deduktioun vum staatlichen an europäische Subsid (60%) bleiwen de Gemengen zesummen nach 18.022 Euro ze bezuehlen.

Le conseil communal décide de co-financer la première phase du programme de développement régional LEADER+. Cette première phase sera préfinancée par la commune de Diekirch. Après déduction de tous les subsides de l'Etat respectivement de la commission européenne les différentes communes auront à supporter ensemble le montant de 18.022 euros, à répartir au prorata de la population de résidence.

## 7. Adhésion des communes de Mertzig et de Wiltz au Syndicat Intercommunal SIDEN

De Conseil gëtt säi positiven Avis zum Bäitrëtt vun de Gemenge Mäerzig a Wooltz an de Gemengesyndikat SIDEN, dee sech ëm d'Entsuerge vun den Ofwässer op der Kläranlag Bleesbréck bekëmmmert.

Le conseil communal donne un avis favorable à l'admission des communes de Mertzig et de Wiltz au syndicat intercommunal SIDEN, syndicat gérant la station d'épuration de Bleesbrueck.

## 8. Demandes de subside diverses

Folgend Subsidien gin akkordéiert:

Le conseil communal accorde les subsides suivants:

| Association | Montant |
|---|---:|
| UNICEF | 100 EUR |
| FONDATION ALZHEIMER | 50 EUR |
| SERVICE KRANK KANNER DOHEEM | 50 EUR |
| LETZEBUERGER BLANNEVEREENIGUNG | 50 EUR |
| HELLEF FIR D'NATUR | 50 EUR |
| AIDE AUX ENFANTS HANDICAPES | 50 EUR |

## 9. Subside de départ: Association des parents d'élèves

De Conseil beschléisst eestëmmeg der Schierener Elterevereenigung ee Start-Subsid vu 750 Euro ze akkordéieren.
Mat dësem Start-Kapital kënnen éischt Aktivitéiten finanzéiert ginn.

Le conseil communal décide d'accorder un subside de départ de 750 euros à l'association des parents d'élèves de la commune de Schieren. Ce capital de départ leur permettra de financer les premières activités projetées.

# LE RECEVEUR COMMUNAL

Nous allons poursuivre la présentation du corps communal avec un autre fonctionnaire communal: le receveur communal. Les attributions du receveur communal sont repris dans les articles de la loi communale du 13.12.1988.

*Tout comme pour le secrétaire communal, les droits et devoirs du receveur communal sont évidemment ancrés dans le statut général du fonctionnaire communal*

**Section 2. - *Du receveur communal***

**Art. 92.** Il y a en outre dans chaque commune un receveur.

**Art. 93.** Deux ou trois communes, dont la population réunie ne dépasse pas 2.500 habitants, peuvent décider, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur, qu'ils ont un receveur en commun, occupé à plein temps, le tout selon les modalités prévues à l'article 88 de la présente loi.

**Art. 94.** Le receveur communal est chargé, seul et sous sa responsabilité, d'effectuer les recettes de la commune ainsi que d'acquitter les dépenses qui sont ordonnancées dans les formes et conditions déterminées par la loi.
Pour permettre au receveur le recouvrement des recettes, dans les délais prescrits par la loi, le collège des bourgmestre et échevins doit lui délivrer, en temps utile, contre récépissé, une expédition, copie ou photocopie de tous les contrats, baux, jugements, actes et autres titres. Le collège des bourgmestre et échevins lui remet également ampliation tant du budget établi que du budget arrêté et lui notifie toutes les modifications budgétaires qui surviennent ultérieurement.
Le receveur inscrit régulièrement dans les livres à ce destinés, les recettes et les paiements qu'il a effectués.

**Art. 95.** Le collège des bourgmestre et échevins veille à l'organisation de la sécurité du personnel de la recette.

**Art. 96.** En cas d'empêchement momentané du receveur, le collège des bourgmestre et échevins pourvoit à son remplacement.
En cas d'empêchement de longue durée du receveur ou de vacance de son poste, un remplaçant est désigné par le conseil communal, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.
Dans tous les cas, la durée du remplacement peut être limitée par le ministre de l'Intérieur.

**Art. 138.** Le receveur est chargé seul, sous sa responsabilité, d'encaisser les recettes et d'acquitter les dépenses de la commune. Il est responsable de la gestion et de la bonne garde des fonds.



**PUTZ-ROMMES Jean-Nicolas†**



**MOHR-PUTZ Maggy**

***MICHELS Gast** est né le 11.01.1961 et vit avec sa famille à Warken.*
*Il assume la fonction de receveur de la Commune de Schieren depuis le 01.05.1990.*
*En dehors de son travail, il joue de la musique en tant que membre de la Philharmonie d'Ettelbruck.*



**MICHELS Gast**

Dans la commune de Schieren, le receveur est engagé à raison de 70% à la Recette Communale et pour les 30 % restants, il exécute des travaux administratifs et ce notamment dans la gestion du Bureau de Population.

| **Relevé des receveurs communaux depuis 1850** | |
|---|---|
| MAJERUS-HEINEN Johann | 1850-1852 |
| MAJERUS-RECKINGER Johann | 1852-1859 |
| PUTZ-NILLES Peter | 1859-1887 |
| PUTZ-PETTINGER Peter | 1887-1926 |
| PUTZ-ROMMES Jean-Nicolas | 1926-1957 |
| MOHR-PUTZ Maggy | 1958-1989 |
| MICHELS Gast | 1990- |



# Een neie Bijou fir d'Schierener Gemeng



## d'Butzeschoul ass ageweiht ginn

***Freides, de 14. Juni, ass d'Butzeschoul an der Rue du X Septembre feierlech ageweiht ginn. Nieft eng séllegen Nordeputéierten, Vertrieder vun den aanere Gemengen a Veräiner, dem Inspekter Jean Losch, dem Schoulpersonal, Norbert Pütz (Propriétaire vum Haus), den Hären vun der Police, Handwierksleit, Schierener Matbierger a Kanner hu sech och d'Ministeren Anne Brasseur an de Charel Goerens an d'Christiane Loutsch-Jemming vum Inneministère afonnt.***

Et wor d'Schoulministesch Anne Brasseur, déi de Bändchen duerchschnidden huet an de Schierener Gemengerot huet döss Aktioun opmierksam verfollegt. D'Kanner aus der Primärschoul an d'Butzen aus der Butzeschoul hu beim härrleche Summerwieder fir de flotten Encadrement gesuergt.

Nodeem dat d'Bändchen duerchschnidde gouf, gung ët mat den Eieregäscht an d'Butzeschoul. De Paschtouer Romain Gillen huet de Seegen op d'Gebäi an déi, déi do aktiv sin, erofgeruff.

Beim Tour duerch d'Butzeschoul konnt jidderee sech vun der Aarbecht iwwerzeegen an och gesinn, wéi flott et ass fir hei d'Zäit ze verbrengen.

An der Hal wor den offiziellen Deel vun der Aweihung. Hei huet de Buergermeeschter Jos Lutgen ee kuerze Reckbléck op d'Education précoce gemeet, déi 1998 zu Habscht décidéiert gouf a wou och d'Konditioune bekannt goufen: 50% Subventioun, egal op Renovatioun oder Neibau bis d'Joer 2004 (sans limite) an ee Site, wa méiglech net beim Préscolaire nach Primaire. Mais virdrun huet hien all déi ernimmt, déi un der Realisatioun vun der Butzeschoul bedeelegt woren.

Am Ufank hat d'Gemeng weder een Terrain nach ee Gebai mais e puer Méint méi spéit ass hinnen zu Oure komm, datt den Norbert Pütz an d'Altersheem op Dikrech plënnere wëllt. D'Gemeng huet de Kontakt opgeholl an den Norbert Pütz a seng Famill hun ët eng immens Saach fonnt, datt an hirem Haus eng Schoul fir kleng Kanner entstoe soll.

D'Konventioun mat der Famill Pütz gouf de 4. Februar 1999 ënnerschriwwen. 9 000 000 F ass fir d'Haus mat sengen 13,6 Ar bezuelt ginn; Devis fir ze renovéieren 22 223 820 F an am Ganze sin dat ronn 32 000 000 F (793 259 Euro) Investitioun.

No verschiddene ministeriellen Avisen ass den Acte de 4. August 1999 ënnerschriwwe ginn, déi éischt Approbatioun vum Gemengerot gouf den 19. Mee duerch den Inneministère refuséiert an an der zweeter Approbatioun vum Gemengerot den 13. Januar 2000 huet den Inneminister den 19. Juni 2000 zougestëmmt.

Jhust zwee Joer ass gebraucht ginn, fir de Précoce zu Schieren fäerdeg ze stellen.

23 vu 27 méigleche Kanner sin an der Butzeschoul ageschriwwen an d'Erfahrung no dësem Joer huet och bewisen, datt 5 Hallefdeeg pro Kand déi richteg Frequenz wier.

Stënterlech kënnt awer elo eng Rumeur aus der Stad, woubäi d'Konditioune vun de Subventione géifen änneren: déi finanziell Ennerstëtzung vum Staat fir de Précoce wier nach ëmmer 50%, mais bis zu engem Maximum vun 13 000 000 F. Wann dëst géif antrieden, da kéim d'Schierener Gemeng an eng finanziell miserabel Situatioun mais d'Schierener sin op alle Fall stolz drop, neess eppes wäertvolles fir hir Kanner gemeet ze hun an dat d'Gemeng ëm ee Bijou méi räich ginn ass, sou de Buergermeeschter ofschléissend.

Madame Loutsch vum Inneministère huet mol fir d'éischt der Schierener Gemeng félicitéiert, well si eng vun den éischte Gemengen ass, déi reagéiert huet. Si huet och déi bestehend Bausubstanze genotzt a besonnesch an dëser Butzeschoul fille sech d'Kanner wéi doheem an nit wéi an enger Schoul.







Hei ass och eng douce Virbereedung op d'Spillschoul an duerch d'Léiere vun der lëtzebuerger Sprooch gëtt d'Integratioun vun de Nët-Lëtzebuerger méi einfach gemeet.

D'Butzeschoul erfëllt d'Usprech voll a ganz a sou eng Infrastruktur erméiglecht ee gudde Start an d'Schoulkarriere.

Zum Schluss huet si jidderengem Merci gesot fir d'Realisatioun an huet versprach dofir ze suergen, datt d'Schierener Gemeng all hir Sue vum Staat wäert kréien.

Ministesch Anne Brasseur wor ganz begeeschtert iwwert den Numm "Butzeschoul" an huet drop higewisen, datt de Précoce keng Crèche ass an, datt d'Schoul keng Ersatzfamill ass.

Och sie huet d'Wichtegkeet vun der Sprooch ënnerstrach, well ët ass d'Sprooch, déi d'Kanner an d'Mënsche matenee verbënnt. Mais d'Schoul ass nit alles, dozou gehéiert och d'Léierpersonal, dat Manéieren an de Respekt vermëttele soll.

Un d'Butzen huet sie nach e Rotschlo geriicht: si solle sech nit mam Minimum zefridde gin, mais versiche méi draus ze maachen an ofschléissend wënscht si sech, datt d'Butzen nieft dem ville Léieren och vill Freed an hirer Schoulkarriere hunn.

No dëse Rieden ass den Eierewäin an der Buvette vun der Sportshal offréiert ginn.



# LEADER+ LEADER+ LEADER+ LEADER+

LEADER ist eine Initiative zur Förderung der wirtschaftlichen und soziokulturellen Entwicklung in ländlichen Gebieten.
Nachdem LEADER 1 (1991-1993 ) sich ausschliesslich an die Stauseeregion richtete, begriff LEADER II (1994-1999) bereits den gesamten Norden des Landes (Rédange-Wiltz-Clervaux und Vianden).
An LEADER+ sollen nun sämtliche ländliche Regionen Luxemburgs teilnehmen können; geplant sind 6 lokale Arbeitsgruppen (Rédange-Wiltz, Clervaux-Vianden, Mersch-Steinfort, Osten-Mosel, Osten-Müllerthal und schliesslich Ettelbrück-Diekirch).
Für die Gemeinde Schieren und ihre Einwohner,Clubs und Geschäftsleute besteht die Möglichkeit in der Arbeitsgruppe Ettelbrück-Diekirch mitzuwirken; dies zusammen mit Einwohnern der Gemeinden Bettendorf, Bissen, Boevange/Attert, Bourscheid, Colmar/Berg, Diekirch, Ermsdorf, Erpeldange, Ettelbruck, Feulen, Medernach und Mertzig.
In einer Besprechung mit den Verantwortlichen von Leader+ haben bereits die Gemeindeverantwortlichen aus SCHIEREN ihre Zustimmung hierzu gegeben.

Die Vereinsverantwortlichen waren Anfang Mai zu einer Informationsversammlung nach Feulen eingeladen worden. Leider hatten nur wenige Leute (+/-20) hiervon Gebrauch gemacht... erfreulicherweise waren aber 3 Vertreter aus Schieren präsent.
Eine nächste Sitzung fand dann am 5.Juni in Diekirch statt.Hier konnten vor zahlreichen Zuschauern die Verantwortlichen die Region "Nordstadt+" statistisch vorstellen und versuchten danach die Spezifizität dieser Region herauszukristallisieren.
Die Teilnehmer kamen schnell überein, dass das übergeordnete Thema das am Besten auf unsere Region zutrifft "Verbesserung der Lebensqualität" heissen soll.
Alsdann teilten sich die Teilnehmer in 3 Gruppen um näher zu beschreiben was sie sich unter verbesserter Lebensqualität vorstellen.
Ab Anfang Juli soll übrigens im Stadthaus Diekirch das Leader+-Büro für diese Region eröffnen.

*Weitere Info zu diesem Thema kann man an folgender Adresse erhalten:*
*Astrid REMY c/o Service du développement rural*
*7,blvrd Royal L-2449 LUXEMBOURG Tel:478-2511*

## HOLZVERKAAF

**Och dëst Joër kréien die Schierener Matbierger d'Geleënheet fir sich Brennholz aus de Gemengebëscher ze bestellen. Dir kënnt äer Commande gäeren iwer Telefon 818379 oder 812668 bei der Gemeng areechen. Den Präis ass:**

**Eechen: 50,00 EUR/Kouerd**
**Bichen: 55,00 EUR/Kouerd**

## VENTE DE BOIS

**Tout comme les années précédentes, la commune de Schieren organise une vente de bois de chauffage de la forêt communale. Vous pouvez passer votre commande aux numéros d'appel 818379 ou bien 812668 de l'Administration Communale. Les prix de vente sont les suivants:**

**Chêne: 50,00 EUR/corde**
**Hêtre: 55,00 EUR/corde**

**Schieren, juillet 2002**

# Tour de France 2002

**Avis au public**

**L'Administration communale a l'honneur et le plaisir de vous informer que le Tour de France 2002 qui débutera au Grand-Duché de Luxembourg traversera notre commune lors de la première étape qui aura lieu dimanche, le**

# 07 juillet 2002



**Cette importante manifestation engendrera des modifications temporaires de la circulation dans notre localité,**

**à savoir:**

- **le stationnement sur la route de Luxembourg sera interdit de 08H00 à 14H00.**
- **la route de Luxembourg (N7) sera barrée à la circulation de 10H00 à 14H00.**

**c'est-à-dire que toutes les rues ayant un accès à la route de Luxembourg (N7) seront barrées au niveau de l'accès sur la N7.**

**Renseignements supplémentaires au tél.: 81 16 46 (service technique)**

**Le collège échevinal**

## Commission des étrangers

# Fête populaire du 02 juin 2002

Le 02 juin 2002 la commission des étrangers avait organisé la fête populaire, une journée de rencontre revêtue d'une certaine tradition, puisqu'elle s'est déroulée cette année-ci pour la huitième fois déjà.

Le but principal de cette fête est de réunir des concitoyens de nationalité étrangère et des luxembourgeois autour d'une même table afin de favoriser un échange de cultures et d'idées.

Cette année, la cuisine avait proposé deux menus différents à savoir:

- porcelet avec pommes de terres et salade ou
- spaghetti

Une tasse de café et une glace ont arrondi le tout.

La commission des étrangers tient à remercier tous ceux qui ont participé à cette fête populaire 2002: 65 portions de porcelet et 18 portions de spaghetti ont été servies et ceci au plein contentement des participants. Naturellement les repas ont pu être arrosés par d'excellents vins d'origine italienne et portugaise. Pendant le repas, l'encadrement musical a été garanti par Mimo, chanteur italien, dont la renommée n'est plus à faire dans la région.








Je tiens à remercier tous les membres de la commission des étrangers ainsi que tous les bénévoles pour leur dévouement avant, pendant et après la fête et qui ont ainsi contribué au bon déroulement de la journée.

Une nouvelle rencontre est déjà projetée pour l'année prochaine.

Pour la commission des étrangers,

Marc Schmitz.

# Den Martin Thoma am zweeten Weltkrich

***Et war 1940, wéi d'Preisen, nodeem dat se Lëtzebuerg iwwerrannt haten, an allen Uertschaften vum Land Mattdeelongstafelen opgeriicht hunn, wou si dunn hir offiziell Annoncen, mee och allerhand Propagandamaterial opgehaang hunn. Esou eng Tafel stong och zu Schieren bei der Kierch, an et kann een sech jo och virstellen dat hir Präsenz deene richtegen Patrioten nit an de Krom gepasst huet.***



**MARTIN THOMA ZËNTER 42 JOER PRESIDENT VUN ENROLES DE FORCE SCHIEREN**

Am August 1941 souz eng Grupp Schierener Jongen enges Owends beim Tibessart's Emile an der Wirtschaft, wou si sech bei engem gudden Patt mat Sangen vun Lëtzebuerger Lidder d'Zäit verdriwwen hunn. Et waren, niewent dem Martin Thoma, an däer Gesellschaft derbei den Lamesch Bim, Esser Mett, Erpelding Tunn an Lamesch Chrëscht. A wann een puer Glieser gedronk huet, kritt een och Courage; sou war et och hei, engt Wuert huet dat anert erginn, an déi jonk Gesellschaft huet decidéiert déi preisesch Tafel an Stécker ze schloen.
Laut dem Buch vum deemolegen Schoulmeeschter Antoine Bourkel, deen d'Erliewnisser vun séngen fréieren Schüler detailgenau opgeschriwwen huet (dëst Heft leit iwwregens als historescht Dokument an der Schierener Gemeng), goufen déi jonk Männer vun enger Persoun vu Schieren verroden, déi och nach duerfir eng Prime vun den Preisen kritt huet.
Si sinn dunn vun der Gestapo op Dikrech bruecht, an matt der Pistoul op der Droscht eenzel verhéiert ginn. No däer Prozedur koumen schliesslech den Bim Lamesch, den Mett Esser an den Martin Thoma den 19. August 1941 wéinst „Deutschfeindlicher Kundgebung» op Dikrech an de Prisong. Den 23. August koum dunn den Transfer fir déi dräi an den Prisong an de Gronn, an den 30. Oktober gouf den Martin op Wittlich verluecht. Hien souz dunn bis den 19. Abrëll 1942 do am Jugendgefängnis an Eenzelhaft, an do huet en och säin éischten strengen Drill matgemach. No senger Fräiloossung koum en erëm heem op Schieren, an en huet dunn zu Ettelbréck an der Géisserei Weber geschafft.

Duerno gong dem Martin Thoma seng russesch Odyssee un. Den 16. Februar 1943 koum hien mam Zuch an d'Lager Sagan Karlswalde an Nidderschlesien, fir e puer Deeg duerno op Liegnitz an Uwerschlesien verluecht ze ginn. Den 20. Mee 1943 war et den Transfer bei d'Wehrmacht zu Allenstein an Ostpreussen no bei Königsberg, dat elo Kaliningrad heescht, a vun do aus ass d'Rees an Russland ugaangen. D'Streck gouf mam Zuch zréckgeluecht an gong iwwer Wilna (Litauen), Minsk a Brest (Weissrussland), Lemberg op Odessa an der Ukraine. Zu Minsk gouf een Zwëschenstopp vun 8 Wochen ageluecht, an déi 8 Wochen sinn verbruecht ginn mat engem Partisanenasaatz, deen doranner bestan huet fir den Noschub ofzesëcheren an Eisebunnsgleiser ze bewachen. Am Dingscht vun der Wehrmacht waren russesch Zivilisten, déi fir Loun am Dag Befestigongen opgeriicht an Reperaturen um Schinnennetz gemaach hunn, an déi dann an der Nuecht, duerch hir perfekt Kenntnisser vum Terrain an dem Zäitpunkt vun de Kontrollgäng, hir Aarbecht vum Dag erëm zerstéiert hunn. Vun Odessa gong et virun mam Kamion op Krivoj Rog, wou deen éischten Frontasaatz war. An deem Gebidd war een Stellungskrich, wou sech di däitsch an di russesch Arméien op puer honnert Meter Distanz vun eneen an de Griew verschanzt haten. No 8 Deeg gouf et den éischten Ugrëff Sonndes moies, a wéi niewt him am Gruew e Lëtzebuerger Komerod, den Emile Tabouraing, duerch e Kappschoss ëmkomm ass, huet den Martin spontan d'Entscheedung getraff fir am Duercherneen nom Ugrëff op di russesch Säit iwwerzelafen.
Well awer bekannt war dat esou eng Operatioun nëmmen 20 Prozent Iwwerliewenschancen hat, well et konnt een vun hannen als Deserteur oder vun vir vun den Russen erschoss ginn, kann een dat nëmmen als Panikreaktioun bezeechnen. Mee et ass gelongen an vun do un war de Martin an russescher Gefaangeschaft.

**RESISTENZKAART AUSGESTALLT 1944**







**LVL= LËTZEBUERGER VOLLEKSLEGIOUN**




RUSSESCH ODYSSEE:
KALININGRAD - MINSK - ODESSA - MOSKAU - TAMBOW

Duerch Kontakter mat franséisch- an däitschsproochegen russeschen Zaldoten ass den Martin Thoma an eng Propagandakompanie iwwerwisen ginn.

D'Propagandamissioun huet doranner bestan, nuets zwëschen d'Fronten ze fueren. Dat ass gemaach ginn op engem Panierswon, deen vun engem Päerd gezunn gouf. Am Schutz vun der Däischtert goufen dann Lautsprecher iwwer d'Gelänn opgestallt an dann ass d'Demoraliséierungskampagne ugelaf, an dem Martin säin Asaatz ass lass gaang. Fir d'éischt goufen op engem Gramophon 3 däitsch Plakken gespillt wéi z.B. «Lili Marleen» oder «Komm zurück», duerno sinn dann negativ Frontberichter iwwer däitsch Stellongen oder zerstéiert Steet virgelies ginn, alles mat deem Zweck, den däitschen Zaldoten hir Moral ze ënnergruewen an si opzefuerderen bei d'Russen iwwerzelafen. Sou koum hien an 4 Méint op ongeféier 100 Propagandaasätz; säin Kapitän war een Opernsänger vun Leningrad, deen ëmmer Hand iwwert den Martin gehal huet. Een Versuch 1995 vun der russescher Ambassade den Numm an d'Adress vun deem Mann gewuer ze ginn, huet awer näischt abruecht.

Di nächst Statioun war d'Gefaangenelager Zaporozje, wou den Martin nees fir d'éischt Kontakt mat 2 Lëtzebuerger hat. Virun gong et am Mäerz 1944 mam Zuch an der preisescher Uniform op Moskau, weider bis op Tambow an dat bekannt Sammellager 188, wou a Spëtzenzäiten bis zu 30.000 Gefaangener waren, a wou vill Nationalitéiten vertrueden waren (Elsass-Lothrenger, Lëtzebuerger, Polen, Italiéiner, Belsch, Rumänen, Ungarn, Tschechen). Als Zäitverdraif goufen ënnert de verschiddenen Nationalitéiten och «international» Futballtournoien ausgedroen; an der Lëtzebuerger Ekipp waren ënner anerem 3 Nationalspiller vun der Diddelenger Stade, Vic Feller, Nic Kettel, Marcel Michaux, déi géint Polen 3:1 gewonn haten mat 2 Goler vum Martin Thoma.



TAMBOW:
BEIM WASSERHUELEN




TAMBOW:
OFWEIEN VUN DEN BROUTRATIOUNEN

Als Krichsgefaangenen hat een d'Wiel zwëschen näischt maachen oder fräiwelleg am Lager ze schaffen, woufir et 100 Gramm Brout extra gouf. Den Martin huet fir d'éischt an der Lagerwäscherei genannt Bratschna, geschafft, wou d'Norm 40 laang Kalzongen pro Dag war. Duerno huet hien an der Kolchos beim Holzmachen gehollef. D'Ënnerkonft war an Holzbaracken, déi eng Kapazitéit vun 250 Leit haten. E Schlofsall war aus gespléckte Bamstämm gebaut, a si waren bis zum Daach an den Buedem gebaut wéinst der Keelt. An der Mëtt stong een Holzuewen fir ze hëtzen. Als Better gouf et Brëtschen mat Stréisäck, déi op 2 Niveauen gebaut waren. D'Iessen gouf et am Refectoire, an huet aus folgenden Ratiounen bestan:

- Moies: Kaffi mat Kampfergeschmaach an 600 Gramm naasst Brout, wat fir den ganzen Dag huet missen duergoen.

- Mëttes: Fëschzopp déi zu 99 Prozent aus waarmen Waaser gemaach war oder Hirsebräi oder Kabes
- Owes: Roudrommelszopp

Di meeschtverbreeten Krankheeten am Lager waren d'Ruhr an de Kretz, a well d'Medikamenter immens knapp waren, huet et och laang gedauert, bis se erëm geheelt waren. D'Klimakonditiounen zu Tambow waren och extrem, et gouf Schnéi vun November bis Mee mat bis zu 40 Grad minus, am Summer dann bis zu 35 Grad plus mat Onmengen vun Moustiquen, Fléih, Leis an Wanzen.


Intérieur du club.


La baraque 32 sous la neige.

Dunn endlech den 26. September 1945, bal 5 Méint no der däitscher Kapitulatioun, war et den Départ fir heem. Et ass mam Zuch iwwer Brest - Litowsk (Weissrussland) duerch Polen op Frankfurt/Oder gaangen, wou 14 Deeg näischt geschitt ass well d'Lëtzebuerger Regierung keng extra Efforten gemaach huet fir dat et weider geng. Schliesslech gong et dunn iwwer Berlin a Bréissel weider op Lëtzebuerg, dat den 5. November 1945 erreecht gouf.

Am Juli 1944 war den franséischen Generol Petit zu Tambow fir d'Réckféierong vun 1500 Elsass-Lothrenger ze organiséieren. Den Generol gouf gefrot, fir d'Lëtzebuerger mat heem ze huelen, an hien huet wuertwiirtlech geäntwert: „Je regrette, mais je n'ai pas d'ordre de votre Gouvernement». Dorophinn hunn d'Lëtzebuerger den 13. Oktober 1944 eng Petitoun un den Marschall Stalin gericht, fir als Volontairen an eng nei opgestallten franséisch Arméi iwwertstallt ze ginn, ënnerschriwwen vun den 286 Lëtzebuerger zu Tambow, mee ouni eng Äntwert ze kréien. Des Petitoun, déi an den Archiven vum KGB louch, huet d'Amicale des Anciens de Tambow iwwert d'russesch Ambassade organiséiert an hiren Mëmberen kopéiert. *(Voir pages 12 et 13)*

# Das Sanitätswesen im Lager Tambow

Unter den uralten Eichen, die das Lager 188 einschließen, haben viele junge Luxemburger ihre letzte Ruhestätte gefunden. Allzu viele sind gestorben, haben die Härten der Gefangenschaft nicht ertragen. Viele Eltern fragen sich: «Wie war das nur möglich, wie stand es mit der sanitären Fürsorge?»

Im Lager waren zwei Ambulanzstationen eingerichtet. Jeder Ambulanz stand ein Arzt vor, dem einige Sanitäter beigeordnet waren. Ambulatorium 1 war die Zentrale des Sanitätswesens. Eine russische Ärztin und der italienische Doktor arbeiteten hier zusammen. Von hier aus erfolgten die Einweisungen der Kranken in die respektiven Lazarette. Außerdem war hier eine Zahnstation eingerichtet, sowie ein chemisches Laboratorium. Den Ambulanzen waren die Barackensanitäter unterstellt. Ihre Aufgabe war es den Gesundheitszustand der Barackeninsassen zu kontrollieren und die Kranken dem Arzt vorzustellen. Kontrolliert wurden die Sanitäter wiederum von russischen Schwestern, die täglich in den Baracken erschienen. War der Patient nur leicht erkrankt, so verschrieb der Arzt ihm einige Tage Ruhe oder Medikamente. Stellte er jedoch eine ernste Krankheit fest, so wurde der Kranke in ein Lazarett überwiesen, das für die betreffende Krankheit zuständig war. Im Lager gab es acht Lazarette und vier Hospitäler. Die Ärztin stellte bei ihren täglichen Rundgängen durch die Lazarette die Schwerkranken fest und ordnete ihre Überführung in eines der Hospitäler an. Die Verwaltung des Lazarettes oblag einem von den Ärzten eingesetzten Starchi (Chef) und einigen Sanitätern, die mit der Betreuung der Kranken beauftragt waren. Jeden Tag wurden die Kranken auf ihren Gesundheitszustand untersucht, um bei Wiederherstellung auf die Baracke entlassen zu werden. Diejenigen, die noch schwach befunden wurden, kamen auf eine Genesungsbaracke. Dort waren sie von jeglicher Arbeit befreit und erhielten eine bessere Verpflegung. Die Lazarette wurden von einer eigenen Küche verpflegt, die als die beste im Lager galt.

Und trotzdem das große Sterben im Winter 44?

*(Suite page 14)*

44

Au Commandant et Chef Suprême

de la Glorieuse Armée Rouge, le Grand

Maréchal Staline,

Nous, citoyens luxembourgeois, prisonniers de guerre de l'armée allemande, au nombre de 286, réunis en meeting solennel le 13 octobre 1944, arrachés brutalement à notre Patrie par les cannibales hitlériens, mêlés contre notre volonté aux sadiques fascistes en quête de chair à canon pour le front soviétique, avons en grande majorité passé volontairement du côté de la Glorieuse Armée Rouge dans l'unique espoir de reprendre les armes pour combattre le fascisme allemand, l'ennemi le plus féroce de notre peuple et de tous les peuples épris de liberté.

Grâce à la lutte héroïque et acharnée de nos grands patriotes et grâce aux Armées Alliées, la libération de notre chère Patrie est presque achevée. Nos compatriotes de la «Ligue Patriotique Luxembourgeoise» et leurs collaborateurs ont durant quatre années d'occupation déployé tant de fois le drapeau tricolore: rouge, blanc, bleu.

Nous venons d'apprendre la constitution d'une nouvelle Armée Française à laquelle pourront se joindre nos dignes patriotes luxembourgeois qui, côte à côte avec les Alliés continueront la lutte jusqu'à l'écrasement définitif de cette bande de criminels qui ont piétiné les libertés et les droits de tous les peuples.

Nous, les prisonniers de guerre luxembourgeois, otages de ces brutes impérialistes, demandons au

Commandant et Chef Suprême de la Glorieuse Armée Rou[ge], au Camarade Staline, comme une faveur toute spéciale d'être admis comme volontaires dans la nouvelle Armée [fran]çaise ou de nous accorder l'honneur encore beaucoup plu[s] grand de pouvoir combattre les fascistes allemands à côtés de nos frères d'armes, les héros de la Vaillan[te] Armée Rouge.

En ce jour nous jurons solennellement que nou[s] sommes prêts à verser notre dernière goutte de sang [pour] venger nos pères et nos frères qui attendent avec impa[tience] leur délivrance dans les camps de concentration [et de] déportation. Nous jurons d'apporter à la pointe [de] nos baïonnettes la liberté à tous les peuples.

Notre mot d'ordre sera:

Mort aux fascistes!

Vive la Glorieuse Armée Rouge et son Suprême le Grand Maréchal Staline!

Vive la Coalition Antifasciste!

Vive un Luxembourg libre et heureux!

Vive une Europe Nouvelle et Démocratique!


Au camp, le 13 octobre 1943

Suivent les signatures des 286 prisonniers de guerre luxembourgeois du camp 188:

Scholer Mathias. Wormeringer Alf. Rossignol
Mischaux Arth. Reiland Michel Hilbert

Das russische Volk hat eine von der unsrigen ganz verschiedene Lebensweise. Es lebt hauptsächlich von Brot, Suppe und Brei, wogegen wir Westeuropäer an eine ganz andere Nahrung gewöhnt sind. Natürlich konnte so ein Unterschied in der Lebensweise nicht ohne Einfluss auf den Organismus des Gefangenen sein. Gewöhnlich erfolgte die Umstellung des Körpers nach 6-8 Monaten. War der Gefangene bei seiner Ankunft im Lager gesund und die klimatischen Verhältnisse einigermaßen zufriedenstellend, so konnte er leicht über den kritischen Punkt in der Gefangenschaft hinweg kommen. Sonst könnte man es nicht erklären, dass nur sehr wenige «alte Tambower» von 1943 gestorben sind, während hingegen 1944 fast 120 Luxemburger starben. Das waren durchweg alles «neue» Gefangene, die im Sommer 44 gefangen wurden. Alle kamen nach Tambow.

Der Winter war sehr, sehr streng, nicht zu vergleichen mit dem von 1943. Die größte Kälte erforderte den Einsatz von allen Gefangenen, um das lebensnotwendige Holz herbeizuschaffen. Die Ernährung war sehr einseitig, bedingt durch die ungeheueren Transportschwierigkeiten. Und den in der Umstellung begriffenen Jungen war das zu viel, sie konnten nicht mehr mitmachen. Und dazu kam noch die moralische Entmutigung, hervorgerufen durch die schlechten Nachrichten von der Rundstedt-Offensive.




*Entrée du camp*

Wer nur einmal in seinem Glauben an ein Wiedersehen in der Heimat wankte, war verloren. Die Lazarette füllten sich, waren in kurzer Zeit überbelegt. Man wusste weder Rat noch Hilfe. Da kam der Tod und löste unbarmherzig diesen gordischen Knoten.

Viele, viele Kameraden opferten ihr Leben, damit andere nach Hause kamen.

Josy Bailleux

*Quelle: Tambow, Herausgeber (1946): Bausch, Pierre & Faber, Ernest.*



**Réfectoire français.**

# Chronique du camp

Source: Tambow, Editeurs (1946): Bausch, Pierre & Faber, Ernest.

*15. 8. 1943* *Les cinq premiers Luxembourgeois arrivent au camp de prisonniers de guerre, No. 188, Tambow. Ce sont: Nicolas Bidinger †, Joseph Steichen, Joseph Bailleux, Jean-Pierre Schonkert et Edouard Koepffler.*

Déc. 1943 Les cinquante-deux Luxembourgeois se trouvent éparpillées parmi les autres nations: Roumains, Hongrois, Italiens, Allemands, Alsaciens et Lorrains. Le camp compte à présent à peu près 8000 hommes.

3. 1. 1944 Le Luxembourgeois François Adams réussit à rassembler près de vingt camarades sur la baraque 46, dite la braque de convalescence, où il devient «Starchi» (chef).

23. 1. 1944 Réunion au club, organisée par Constant Woltz. Le «politruk» (interprète et officier de liaison russe) y assiste; c'est l'anniversaire de notre Grande-Duchesse.

Février 1944 Mathias Scholer devient chef du groupe luxembourgeois. On semble avoir compris que l'union fait la force.

6. 6. 1944 Débarquement anglo-américain en Normandie. Le journal russe «Prawda» écrit: «Voilà le deuxième front ! Le Reich d'Hitler sera durement frappé et de l'est et de l'ouest». La joie s'empare de tout le camp.

6. 7. 1944 Le général français Petit arrive au camp, accompagné d'officiers alliés. Inspection et libération spontanée de 1500 Alsaciens-Lorrains. Départ émouvant de ces camarades français pour l'Afrique du Nord (de Gaulle). Les 155 Luxembourgeois éprouvent une déception amère, puisqu'on leur avait donné l'ordre de faire les préparatifs de départ ensemble avec les Alsaciens-Lorrains.

14. 7. 1944 Match de football: Luxembourg-France (1:2).

Août 1944 Grande finale de la Coupe du Camp. L'équipe luxembourgeoise bat l'Italie 1:0 et reçoit la coupe «Le roi du Football». (Vic. Feller)

11. 9. 1944 La ville de Luxembourg est libérée. Le politruk proclame dans une assemblée: «Camarades luxembourgeois! Votre terre est libre!» Acclamations et joie frénétique.

28. 11. 1944 Tous les Luxembourgeois sont rassemblés dans la baraque 32, dite «la baraque du départ». Un délégué du Luxembourg, Monsieur Blum, est arrivé à Moscou. L'espoir est grand. Partir avant l'hiver? Les 350 camarades attendent.

3. 12. 1944 La nouvelle de l'offensive de v. Rundstedt arrive au camp. Dans le journal antinazi «Freies Deutschland» le rapport de l'armée allemande dit: Deutsche Stoßregimenter, kräftig unterstützt durch Panzer und Luftwaffe, drangen wuchtig über Heinerscheid und Hosingen hinaus vor. Schwache amerikanische Abwehr. Wir halten wichtige Höhengelände..

18. 12. 1944 Le bruit circule que Monsieur Blum se rendrait sous peu en mission au camp de Tambow, en vue de la libération de plus de 350 Luxembourgeois.

25. 12. 1944 Noël au camp. Partout, dans les baraques et hôpitaux ensevelis sous la neige, les prisonniers ont dressé de petits sapins. Il fait très froid. Les Luxembourgeois, dans la baraque 32, chantent: «Minuit, chrétiens». Ils assistent à un service religieux célébré par un prêtre alsacien. Dehors, dans la nuit noire, l'ouragan hurle dans les arbres.

4. 1. 1945 Le thermomètre à la commandanture indique -43°C. Tempête effroyable pendant une semaine. La couche de neige atteint 1.30/1.60 mètres de haut. C'est l'hiver russe !

9. 5. 1945 Le clairon résonne de bonne heure: la Paix! L'Allemagne a capitulé! Les 15000 prisonniers du camp défilent devant le commandant russe. Allocutions et discours. Journée mémorable.

15. 5. 1945 Brusque départ des partisans pour Odessa. Les partisans luxembourgeois Roger Thillen, Gaston Junck, Albert Weber et Ernest Antony partent, drapeau tricolore en tête. Une fanfare de l'armée rouge conduit le convoi jusqu'à la gare de Rada (Tambow).

Fin mai 1945 Le film russe «Radoga» (arc-en-ciel) est joué au club. La troupe du théâtre donne de nombreuses représentations.

Fin juin 1945 Chaleur tropicale. 38°C. à l'ombre.

*21. 7. 1945* *Grande visite médicale effectuée par les doctoresses*

*24. 7. 1945* *Smolenkowa, Badoura et le docteur Kanieff.*

*Fin 7.1945* *Départ de plus de 2000 Alsaciens-Lorrains en direction de Francfort-sur-Oder.*

*3. 8. 1945* *Départ de 169 Luxembourgeois avec un convoi mixte: Roumains, Hongrois, Italiens, Belges et Hollandais. Vers 20 heures du soir, le train part de Rada en direction de Roumanie (Foscani). On chante le «Feierwôn».*

15. 8. 1945 40 Luxembourgeois font partie du «Convoy-Command», c. à d. sont destinés à collaborer avec les sentinelles russes à la garde du camp.

20. 8. 1945 Le reste du secteur luxembourgeois se met en route vers Brest-Litowsk, pour regagner la patrie.

# 1.Meefeier zu Schieren



Haten an der Zäit nemmen d'Pompjeeën an d'Musek un dëser Feier deelgeholl, esou huet vun 1999 un all Veräin vu Schieren d'Méiglechkeet fir mat senge Memberen ee Meekranz ze machen. Den éischte Mee 2002 waren et dunn 10 Veräiner, déi vun dëser Geleeënheet profitéiert hun an un der traditionneller Feier deelgeholl hun.

De Rendez-vous war fir 9 Auer „Enner Buchels" fixéiert; fir déi Jonk aus dem Duerf war dat e bësse ze fréi, an dofir koume si e bësse méi spéit, fir déi aner war et ze spéit a se haten hire Meekranz scho bal fäerdeg ier déi aner emol ugefaang haten. Nodeem datt dunn all Veräin säin Kranz fäerdeg haat, gouf sech géint 10 Auer op den Wee an den Pompjeesbau gemeet wou eis dunn eng gudd Taass Kaffi an ee waarmen Wirschtschen offréiert goufen. Géint 11 Auer gouf sech beim Musekssall fir de Cortège duercht d'Duerf opgestallt.

Fir d'éischt goung et bei den ale Gemengesaal, wou dunn den éischte Meekranz opgehaang gouf; duerno huet dunn den Buergermeeschter nach e puer Wuert un d'Leit geriicht.



Duerno gouf sech a Richtung Uewerschieren op den Wee gemeet; lénks a riets vun der Strooss stongen d'Leit déi schéin Kränz ze bewonneren. De Cortège goung iwwert d'Valisplatz; dunn duerch d'Rue de l'Alzette fir uschléissend iwwert de Kaaschtel erëm op der Haaptstrooss erauszekommen.

No an no hunn d'Veräiner hir Meekränz opgehaangen an um Punkt 12 Auer ass de Cortège bei der Sportshaal agelaf.

D'Pompjeeën haten eis ee gudden Ierzenbulli prepareiert an dëss zwee Hären op der Foto haten d'Missioun fir am Bulli ze réieren.

Deenen zwee war daat natirlech gelong a jiddereen huet sech an der Buvette vun der Sportshal Platz geholl fir ze iessen.

Ech menge matt Recht kënnen ze behaapten,datt et jidderengem gudd geschmaacht huet. Ee grousse Merci den Pompjeeën am Numm vun all deenen déi un der Feier deelgeholl hun fir all déi Aarbecht, déi si deen Dag erleedegt hun.

Een aanere Merci geet dann awer och un d'Musek an un all déi aaner Veräiner, déi un dëser sympatescher Feier deelgeholl hun.

Marc Schmitz.







# Chorale CAECILIA



Wéi schon am leschte Louis ernimmt, as deene Schierener hir Oktavmass vun uewen erof geréckelt ginn a mir hun eis Mass vun dësem Joer un zesumme mat de Paren Colmer-Bierg, Feelen, Mäerzeg an Ettelbréck.

Trotz ufänglecher Bedenken an allgemenger Onzefriddenheet, sinn awer vill Schierener Leit dënschdes, den 30ten Abrëll bei d'Muttergottes gepilgert. Och d'Sänger an d'Sängerinne vu Schieren waren zahlreich vertrueden an hun hiren Deel duerzou bäigedroen, fir an deem gemeinsame Chouer, de gesanglechen Deel vun dëser Mass ze garantéiren.

Dëst Joer stong de Chouer ënnert der Leedung vum Ettelbrécker Dirigent Marc Weydert.
D'nächst Joer soll d'Direktioun dann an den Hänn vun der Schierener Chorale an hirem Chef Henri Bissen leien.

*Mir hun awer leider nit nëmme gudd Noriichten ze vermellen. Eise gudde Kolleg a laangjährege Sänger, den Néckel Goerens as nit méi bei eis.*

*Trotz senger schwéirer Krankheet huet den Néckel säi Liewen no der Devise „Carpe Diem" gelieft, an dat Bescht aus all Dag gemach. Hien, dee schon als Kand an d'Chorale koum, hat d'Talent vum Sange schon an d'Wéi geluegt kritt.*
*Mir waren dëst Joer sou frou, dat hien sech bereet erklärt hat, d'Plaz vu sengem Monni Pol bei eis am Comité ze iwwerhuelen. No séngem Papp, dem Jos. Goerens, dee laang Joere Prësident vum Gesank war, an dem Pol Goerens, deen als Sous-Chef ëmmer do war, wa mir en gebraucht hun, sollt den Néckel déi Traditioun viruféieren.*



*Den Néckel huet, onopfälleg an diskret, eis am Gesank virun allem als Organisator vun eise „Lëschtegen Owender" an als Texter a Regisseur vun eise klenge Sketchopféierunge vill Aarbecht ofgeholl. Do wärt hien och nit ze ersëtze sin, an eis do grad esou feele wéi als jéngste Stëmm am Bass.*
*Grad dëser Deeg denke mir drun, datt him och bestëmmt nach eng weider Strof zu sengem Lidd „Schieren a säi Pawee" agefall wir.*
*Hie war ëmmer gudd gelaunt an huet ni geklot. Déi Rou, déi vun him ausgang ass, a säi Laachen wäerten eis all feelen.*

# JUGEND

## GENERALVERSAMLUNG VUM 11. MEE 2002

Wéi all Joer gouf och dëst Joer d'Generalversammlung vun der Schierener Jugend zu Schieren an der Huelscheck ofgehaal.

***Um Programm stong folgendes:***

***Begréissung vun den Invitëen durch d'Prësidentin, duerno gong ët weider mat der Opzielung vun de verschiddene Aktivitéiten, déi mir d'Joer iwwer haaten. Als nächst huet eis Caissière du bekannt ginn, wéi ët mat eise Finanzen steet.***



Et gouf och rem een neie Comité gewielt, deen elo aus folgende Memberen besteet:

| | |
|---|---|
| LUTGEN Laurent | Prësident |
| PETIT Rich | Vize-Prësident |
| MAJERUS Magalie | Caissière |
| SCHUH Angélique | Sekrëtairin |
| BECKER Carole | Member |
| PLETSCHETTE Max | Member |
| WEBER Milli | Member |

No der Versammlung ass ët du weider gaang an de Bësch (ënner Buchels), wou ët du och ee Patt ze drenke gouf.
Méi spéit am Owend sinn, traditionsgerecht, eis nei Memberen an och eis nei Comitésmemberen ageweiht ginn.
Duerno gouf nach weider gefeiert, bis och dee leschten de Wee an säi Bett fond hat.
Mir soe Merci, deene Leit die komm sinn, a wiere frou, wann dir och d'nächst Joer neess dobäi wiert.

D'Jugend vu Schieren



# GAART AN HEEM SCHIEREN

## Mammendagsfeier den 8. Juni 2002

**D'Mammendagsfeier huet dëst Joer *Samsdes*, den 8. Juni stattfond.**
Eise President Jos ZEIMES war méi wi stolz, virun engem strubbelvolle Gemengesall d'Leit a besonnesch d'Mammen ze begréissen.
All Mammenhäerz am Sall huet méi séier geschloen wéi d'Schoulkanner an de Jugendorchester vun der Schirener Musek hirt d'Kënnen ënner Beweis gestallt hun.
D'Schoulkanner, ënnert der Leedung vun hirem Léierpersonal Blanche ELCHEROTH, Danièle NICKELS, Viviane STORN, Jos KEMPA a Luc MOUSEL, hu mat Leiw a Séil hir Lidder, Gedichter a Sketcher virgedroen.
Och de Jugendorchester, ënnert der Leedung vum Marc GARSON an Joé KASYER woussten de Publikum ze begeeschteren an ouni Zugab hu si nët däerfte vun der Bühn goen.
Hinnen all nach eng Kéier een decken Applaus.
Nodeems d'Tombola verloust war, krut *all Mamm am Sall a Member vum Veräin* hire Kado. Dëst Joer war et ee schéine Blummestack.



*Sonndes* ëm 9,30 Auer war d'Houmass bestallt vum Gaart an Heem Schiren fir all liewend a verstuerwe Mammen. Gesank, Uergel an Gitar hun zur Verschéinerung vun dëser Familljemass bäigedroen.



# DEN GAART AN HEEM SCHIEREN AM TRAUER

De 25. Mee 2002 huet den Nico GOERENS eis, leider vill ze fréi, fir ëmmer verlooss.
Den 30. Mee hu mir him op sengem leschte Wee Äddi gesoot.

Den Neckel koum 1985 bei äis an de Comité an 1999 gouf hien Vizepresident vum Veräin.
Joerelaang huet hien de Vertikultierer verwalt.
Bei all Festlechkeeten an aner Aktivitéite vum Veräin war hien an d'Elvire ëmmer derbäi, wann ët geheescht huet, eng Hand mat upaaken, sou d'lescht Joer bei eiser 75 Joer Feier, wou den Neckel ënnert anerem fir d'Zesummestellung vun der Brochure zoustänneg war.

Neckel,
mir wäerten dech sou
an Erënnerung
behaalen,
wéi's du geliewt hues:
als besonnenen,
onopfällegen an
toleranten Mënsch.

Merci Neckel,
dat mir dech haten!



*Da fragt man, warum sterben Kinder, junge Menschen, die nur so kurze Zeit gelebt haben. Woher wisst ihr, dass sie nur kurze Zeit gelebt haben? Das ist euer grobes Zeitmass, das Leben aber wird nicht nach der Zeit gemessen. Das ist dasselbe, als wollte man fragen: Warum sind dieser Ausspruch, dieses Poem, dieses Bild, dieses Musikstück so kurz geraten, warum hat man sie abgebrochen und nicht bis zum Mass der längsten Reden und Stücke, der grössten Bilder ausgedehnt ? Wie das Mass der Länge nicht auf die Bedeutung (die Grösse) von Werken der Weisheit und der Dichtung anwendbar ist, so auch nicht auf das Leben. Woher wisst ihr, welch inneres Wachstum diese Seele in ihrer kurzen Frist durchlaufen und welchen Einfluss sie auf andere gehabt hat? Geistiges Leben lässt sich nicht mit körperlichem Mass messen.*

Lew Nikolajewitsch TOLSTOI

# TURNVERAIN SCHIEREN

De Schierener Turnverain huet de 16. Juni an der Sportshal säi 5. Summerfest gefeiert.

D'Memberen aus den 3 Kannersektiounen, d.h. der Sektioun "Maman et Bebe", der Spillsektioun „Ons Kanner" an der Jugendsektioun aus dem Self-Defense hun hiren Elteren, Grousselteren an denen zahlreichen Frënn vum Turnveräin, die sech op der Tribün afond haten, hir Aktivitéiten vun dëser Saison mat Bravour virgefouert.

An der Cafeteria as dofir gesuergt ginn, datt keen Honger oder Duuscht gelidden huet.

Vu datt d'Turnfest 2002 e vollen Succès wor, gin die Verantwortlech Iech lo schons Rendez-vous fir d'Summerfest 2003.

Juliette Kemp







# 5. Tournoi pour Jeunes
# vun der Jugendkommissioun vum FC Schieren



Den 9. Mee, op Christihimmelfahrt, war et fir d'fënneft datt d'Jugendkommissioun een Tournoi fir Jugendspiller organiséiert hat. Wéi jidderee vun lech sech ka virstelle bréngt esou een Tournoi ganz vill Aarbecht mat sech; de ganzen Dag iwwer waren nët manner wéi 34 Equipen op 3 Terrainen am Asaatz. Döss 350 Jugendspiller am Alter tëschent 6 a 16 Joer hun deen Dag net manner wéi 78 Mätscher an deene respektiven Kategorien ausgedroen. Esou een Tournoi bréngt net nëmme vill Aarbecht mat sech, mee e kascht och nach eppes. Dofir wëllt d'Jugendkommissioun vun der Geleeënheet profitéiere fir verschiddene Leit nach eng Kéier speziell Merci ze soen:

1. déi Leit déi eis dee ganzen Dag vum Tournoi iwwer an irgendenger Form eng Hand ugepak hunn.

2. déi Leit déi eis duerch hir finanziell Ennerstetzung iwwerhaapt erlaabt hunn dësen Tournoi an esou enger Envergure durchzezéien.

3. déi Leit déi deen Dag vum Tournoi selwer um Terrain waren an den Jugendspiller duerch hir Präsenz eng grouss Satisfactioun ginn hunn.




A mir kënnen elo scho versécheren datt dat nächst Joer och erëm een Tournoi hei zu Schieren organiséiert gëtt, an dat nëmmen am Sënn vun eise villen Jugendspiller.

# F.C JEUNESSE SCHIEREN

## La victoire du courage!
## Schieren überrascht Tabellenführer!

*Dies sind nur 2 von vielen positiven Schlagzeilen über unsere erste Mannschaft in der Presse.*

*Anlässlich der Generalversammlung vom letzten Jahr hatte Trainer Fernand Raths eindringlich vor allzu hohen Erwartungen gewarnt. Seines Erachtens nach würde die zweite Saison noch schwieriger werden da die Euphorie des Aufstiegsjahres zum Teil verflogen sei und die Gegner sich besser auf unsere Spielweise einstellen würden.*
*Es wurden einige Transferts im Rahmen der vom Vorstand vorgegebenen Bedingungen getätigt. Wenn man bedenkt, dass bereits Vereine aus der zweiten Division Handgeld zahlen, grenzt es an ein Wunder wenn es trotzdem gelingt Spieler zu überreden einen Transfert nach Schieren zu tätigen,wo Handgeld nicht üblich ist. Es wäre uns natürlich lieber wenn wir Spieler aus dem eigenen Nachwuchs einbauen könnten. Leider war dies in den vergangenen Jahren nicht der Fall. Wir hoffen, dass sich dies demnächst ändern wird.*
*Ausser den erforderlichen sportlichen Fähigkeiten muss der Spieler auch den absoluten Willen aufbringen, dreimal pro Woche hart zu trainieren.*

*Von den transferierten Spielern wurden leider nicht alle die erhoffte Verstärkung.*
*Die Saison fing ziemlich katastrophal an und nach 5 Spieltagen befanden wir uns auf dem vorletzten Platz mit nur 2 Punkten.*
*Nach einem schönen Sieg beim Leader Hamm gelang es erstmals die Abstiegsplätze zu verlassen.*

*In der Rückrunde gelangen, wie bereits letzte Saison, einige überraschende Siege (Rodange, Käerjeng, Hamm, Rosport). Leider liessen die Verfolger nicht locker und erst nach dem zweitletzten Spieltag war nach einem Sieg in Diekirch der Verbleib in der Ehrenpromotion gesichert. In der Abschlusstabelle wurden wir 10te mit 30 Punkten.*
*Auffallend war, dass gegen Red Boys, Echternach, Petingen und AS Differdingen nur 3 von 24 Punkten eingefahren wurden, während wir zum Beispiel Hamm 2 Niederlagen beibrachten die dann auch entscheidend für deren Nichtaufstieg waren. Sollten wir in Zukunft gegen vermeintlich schwächere Mannschaften auch punkten kann man sogar anfangen zu träumen.............!*
*In der Coupe de Luxembourg gelang es, nach unter anderem einem schönen 2-0 Erfolg gegen Rümelingen, bis ins Achtelfinale vorzustossen.*

*Hier war dann leider, nach einer mehr als ehrenhaften Niederlage gegen den späteren Landesmeister und Cupfinalisten FC 91 Düdelingen, Schluss.*

*Der Dank für diese schöne Leistung gilt natürlich den Spielern und last but not least unserem Trainer Fernand Raths der für Kontinuität sorgt. Er legt absolute Priorität auf Disziplin und Kampfbereitschaft. Diesen Tugenden muss sich jeder unterordnen. Dass der Mannschaft oft in der Presse unberechtigerweise ein destruktives Verhalten vorgehalten wird, ärgert ihn besonders.*

***Viel Erfolg für die nächste Saison.***

## La victoire du courage

Courageux jusqu'au bout, les joueurs de Schieren ont regagné le Nord avec trois points supplémentaires.

D'emblée et sans le moindre round d'observation, l'équipe visiteuse, sur sa première contre-attaque, allait ouvrir le score. Un but de toute beauté, admirablement construit par de kroon, poursuivi par da Cunha. Schmitz, d'une tête rageuse, trouve la lucarne du but gardé par le malheureux Melone. Un départ de rêve pour une équipe bien connue pour son organisation défensive. Il fallait attendre la 13e minute de jeu pour voir Kappler répondre à Schmitz. N'arrivant plus à solliciter leurs deux arrières latéraux dans de bonnes conditions, l'équipe locale se retrouvait sans idées valables pour contourner la muraille de Schieren bien placée autour de de kroon. À la reprise, les spectateurs étaient conviés au même scénario, une equipe de Schieren accrocheuse, regroupée autour de son entraineur face à une équipe locale dans le doute où toutes les constructions finissaient sans imagination dans les 16m adverses. Avec toute leur expérience, Galli et Bonvini essayèrent de relancer calmement la construction de jeu local mais ni Hamidou dans son couloir gauche, ni Castellucci à droite, ne savaient profiter de leurs espaces. Kappler et Moroccutti n'en pouvaient plus dans la mêlée d'en face. Ce fut trop confus pour revenir au score. À un quart d'heure de la fin, le talentueux Scmitz a failli doubler la mise, alors qu'il se retrouvait seul devant Mélone suite à une course solitaire de 40 mètres. Fiorani, lui répondait par une belle reprise qui frôlait le poteau et cela à la dernière minute de jeu.

*Kamel Meftouh*

### Käerjeng - Schieren 0-1 (0-1)

Stade Um Bechel, bonne pelouse, arbitrage de M. Emeringer assisté par MM. Spirinelli et Bourgnon, 120 spectateurs payants.
Evolution du score : 0-1 Schmitz (4e).
Corners : 7 (2+5) pour Käerjeng; 2 (1+1) pour Schieren.
Cartons jaunes : Bonvini (45e), Funck (62e), Kappler (75e), Castallucci (85e) à Käerjeng; Ferreira (31e) et Marson (77e) à Schieren.
• **KAERJENG** : D. Melone 3, Theodor 2 (65e Fiorani), P. Melone 2, Funck 2, Galli 4, Bunck 2, Linster2 (59e Moroccutti), Bonvini4 (76e Casalluci), Marinelli 2, Hamidou 3, Kappler 2. Total : 28.
• **SCHIEREN** : Marson 3, Feipel 3, Mohr 3, Schaack 3, Neves3, Da Cunha 3, Shmitz 4, De Kroon 3, Ferreira 4 (46e Raths), Varela 4 (75e Majerus), Fettes 3. Total : 36.

# BBC Black Frogs Schieren

# Saison 2001 / 2002

## D'Dammen BBC Black Frogs Schieren bleiwen an der National 2

No 6 gewonnene Mätscher, am Play-Off fir an der National 2 ze bleiwen, hun eis Meedercher et dach nach fäerdeg bruecht op déi dréttleschte Plaatz ze kommen. Fir dese Play-Off hate mir eis Équip mat der amerikanischer Spillerin Kate Charleston aus Kalifornien verstierkt. Hatt huet virdrun op der Fresno Pacific University gespillt, an hat sech nom éischte Mätsch ganz gutt an eis Ekipp agefügt.

Ewéi d'Saison nach am Joer 2001 war, hat et net duerno ausgesinn, datt mir geifen an der National 2 bleiwen, well vun den 10 éischte Mätscher vun der Saison hate mir kee gewonn. Och den éischte Mätsch am Januar gong géint de Racing zimlech héich verluer. Et war trotzdeem meeschtens esou, datt mer réischt um Schluss vun de Mätscher net méi mat deenen aneren Ekippen konnte mathalen.

Mais den 19. Januar 2002 hu mer zu Hiefenech den éischte Succès vun eisen Dammen an der National 2 gefeiert. No engem ganz schéine Mätsch vun eiser Ekipp hu mir mat 88 - 69 gewonnen. Déi Woch drop hu mer géint de Grengewald Hueschtert doheem mat 32 -88 verluer. Fir de leschte Mätsch an der Qualifikatiounsronn ass den 3. Februar 2002 den Telstar Hesper och op Schieren komm. An desem Mätsch wären eis Meedercher bal net méi ze stoppen an haten bal den 100er vollgemacht, an zwar hate se dee mat 98 - 73 gewonnen. (erstaunlecht Resultat fir een Dammen-Mätsch)

D'Qualifikatiounsronn wär domat gedoen. No der Analyse vun der Tabel hate mer gesinn, datt awer nach eng Chance do wier fir dranzebleiwen, well Hieffenech mat engem gewonnenem Mätsch (Deen éischte Mätsch zu Schieren ) war op der leschter Plaaz.

Mir haten der zwee gewonnen an domat op der zweetleschter Plaaz. A schliesslech Hesper mat dräi gewonnene Mätscher (dovunner dee géint eis zu Hesper) op der dréttleschter Plaz.

**Nationale 2 - Dames: Qualifications**

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 29/09/2001 | 22003 | Schieren | 63 | - | **75** | **Bettembourg** |
| 06/10/2001 | 22011 | **Berbourg** | **82** | - | 42 | Schieren |
| 13/10/2001 | 22019 | Schieren | 59 | - | **71** | **Steinsel** |
| 20/10/2001 | 22027 | **Luxembourg** | **94** | - | 40 | Schieren |
| 27/10/2001 | 22035 | Schieren | 44 | - | **63** | **Heffingen** |
| 10/11/2001 | 22043 | **Hostert** | **60** | - | 24 | Schieren |
| 18/11/2001 | 22049 | **Hesperange** | **85** | - | 52 | Schieren |
| 24/11/2001 | 22004 | **Bettembourg** | **71** | - | 64 | Schieren |
| 08/12/2001 | 22012 | Schieren | 51 | - | **57** | **Berbourg** |
| 15/12/2001 | 22020 | **Steinsel** | **80** | - | 58 | Schieren |
| 12/01/2002 | 22028 | Schieren | 32 | - | **95** | **Luxembourg** |
| 19/01/2002 | 22036 | Heffingen | 69 | - | **88** | **Schieren** |
| 26/01/2002 | 22044 | Schieren | 32 | - | **88** | **Hostert** |
| 03/02/2002 | 22050 | **Schieren** | **98** | - | 73 | Hesperange |

### Nationale 2 - Dames: Qualifications

| # | Equipe | Joué | Gagné | Perdu | Points | Nul | Forfait | Off | Def | Egal | Diff2 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Amicale | 14 | 14 | 0 | 28 | 0 | | 1074 | 744 | 0 | 0 |
| 2 | Racing Luxemb. | 14 | 10 | 4 | 24 | 0 | | 1087 | 763 | 4 | 0 |
| 3 | Grengewald | 14 | 10 | 4 | 24 | 0 | | 978 | 640 | 2 | 0 |
| 4 | BBC Nitia | 14 | 9 | 5 | 23 | 0 | | 921 | 875 | 0 | 0 |
| 5 | Avenir Berbourg | 14 | 6 | 8 | 20 | 0 | | 852 | 862 | 0 | 0 |
| 6 | Telstar | 14 | 3 | 11 | 17 | 0 | | 816 | 1062 | 0 | 0 |
| **7** | **Black Frogs** | **14** | **2** | **12** | **16** | **0** | | **747** | **1063** | 3 | 0 |
| 8 | US Heffingen | 14 | 2 | 12 | 16 | 0 | | 674 | 1140 | 3 | 0 |

Mir woussten, wa mir all eis 6 Mätscher am Play-Off gewannen, da fale mir net an d'National 3. Aus deem Grond, a well de Gros vun de Spillerinnen eis daat gefroot haten, hu mir dunn d'Kate Charleston engagéiert, fir eis am Play-Off ze hëllefen.

No e puer Trainingsmätscher hu mer den éischte Mätsch am Play-Off doheem géint Berbuerg mat 70 - 63 gewonnen. An der Qualifikatiounsronn hate mir nach zweemol géint Berbourg verluer. Datt et zu Hesper schwiereg géif ginn, wousste mir, mais no engem ganz spannende Mätsch hate mer deen op 2 Punkte gewonnen. Hieffenech hat sech dee Mätsch drop och hirem Schicksal ergin, well ewéi mir deen och gewonnen haten, wär klor, dat Hieffenech géif falen. Zu Berbourg war et méi einfach ewéi mer geduecht haten, a gewannen do mat 77-67.

Déi 2 lescht Mätscher hu mer ouni Trainer misse spillen, woubäi gewosst war, datt wa mer doheem géint Hesper mat méi ewéi 2 Punkte verléieren eis Chancen ziemlech kleng gi wieren fir dranzebleiwen.

Op der anerer Säit wa mir dee Mätsch gewanne si mir secher die nächst Saison an der National 2. An deem Mätsch haten eis Meedercher d'Heft nie aus der Hand gin, an hun no 40 Minutten mat engem 77 - 61 Succès de Verbleiw an der National 2 gefeiert.
De leschte Mätsch zu Hieffenech wär deemno just nach fir d'Statistik, an zwar déi vun eis nach e bessen opzewärten.
Vun 20 gespillte Mätscher an der National 2 fir d'Saison 2001-2002 hate mir der 12 verluer an 8 gewonnen, an den Erfolleg ass bekannt.

### Nationale 2 - Dames: Poule maintien

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 23/02/2002 | 22201 | **Schieren** | **70** | - | 63 | Berbourg |
| 10/03/2002 | 22205 | Hesperange | 79 | - | **81** | **Schieren** |
| 22/03/2002 | 22209 | **Schieren** | **85** | - | 48 | Heffingen |
| 07/04/2002 | 22202 | Berbourg | 67 | - | **77** | **Schieren** |
| 13/04/2002 | 22206 | **Schieren** | **77** | - | 61 | Hesperange |
| 20/04/2002 | 22210 | Heffingen | 46 | - | **69** | **Schieren** |

### Nationale 2 - Dames: Poule maintien

| # | Equipe | Joué | Gagné | Perdu | Points | Nul | Forfait | Off | Def |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Avenir Berbourg | 20 | 9 | 11 | 29 | 0 | | 452 | 369 |
| **2** | **Black Frogs** | **20** | **8** | **12** | **28** | **0** | | **459** | **364** |
| 3 | Telstar | 20 | 6 | 14 | 26 | 0 | | 467 | 388 |
| 4 | US Heffingen | 20 | 2 | 18 | 22 | 0 | | 275 | 532 |



*Vlnr:kneiend: Anne Liss Borschette; Claudine Schmitz; Sandra Giver; Diane Scher; Arede Daniela.*
*Vlnr:stoend: Schroeder Ferd; Sandie Ferrari; Loureiro Stefani; Schartz Lynn; Schartz Joelle; Flammang Brigitte; Struik Margo; Ex-Trainer Vlado Gruskovnjak.*
*Et feelen: Arendt Caroline; Weinquin Fanny; Laevaert Ine; ewéi des Foto gemeet gin ass war d'Kate Charleston nach net do.*

D'Hären, fir hiren Deel, haten nemme 7 Mätscher bis Chreschtdag, well mer an eng Poule gefall sin, wou Wëntger seng Ekipp direkt virun der Saison zréckgezunn hat. Diekrech mecht dat selwecht mat senger Espoirsékipp no 3 Mätscher. Vun deene 7 goufen der 6 gezielt, well dee géint Diekrech net méi gewaert gouf no dem Retrait vun hiren Espoiren.
Di zwee Mätscher géint Ettelbréck Espoirs hate mer verluer, di aner all géint Préizerdaul a Clierf gewonn. Domat wäre mer die 2. an eiser Poule, an haten eis fir d'Poule «montée» fir den Opstieg an d'National 3 zesumme mat Ettelbreck Espoirs qualifizéiert.



Kate Charleston hat eiser Ekipp am Play-Off gehollef fir an der Nationale 2 ze bleiwen

**Nationale 4 - Hommes: Poule B - Qualif.**

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 29/09/2001 | 14103 | Preizerdaul | 71 | - | **79** | **Schieren** |
| 13/10/2001 | 14117 | **Schieren** | **88** | - | 65 | Clervaux |
| 21/10/2001 | 14123 | **Ettelbruck E** | **66** | - | 62 | Schieren |
| 10/11/2001 | 14104 | **Schieren** | **119** | - | 44 | Preizerdaul |
| 25/11/2001 | 14118 | Clervaux | 56 | - | **74** | **Schieren** |
| 08/12/2001 | 14124 | Schieren | 64 | - | **91** | **Ettelbruck E** |

**Nationale 4 - Hommes: Poule B - Qual**

| # | Equipe | Joué | Gagné | Perdu | Points | Nul | Forfait | Off | Def |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Etzella E | 6 | 6 | 0 | 12 | 0 | | 529 | 359 |
| 2 | Black Frogs | 6 | 4 | 2 | 10 | 0 | | 486 | 393 |
| 3 | Préizerdaul 93 | 6 | 2 | 4 | 8 | 0 | | 357 | 467 |
| 4 | Claravallis | 6 | 0 | 6 | 6 | 0 | | 328 | 481 |
| 5 | BBC Diekirch E | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | | 0 | 0 |

An desem Play-Off ass net anescht gaangen ewéi an der Qualifikatiounsronn géint die aner Seniorsékippen hate mir weider keng Schwieregkeeten, mais all eis Mätscher géint d'Espoiréquipen hate mer verluer. Bei den meeschte vun deene Mätscher géint Espoirsekippen hu mer bis an d'Hallschent oder méi laang vum jeweilige Mätsch gudd mattgehal, awer et ass ëmmer ee Knacks komm an en ass du verluer gaang. Zu Ettelbréck hu mer nemmen op 3 Punkte verluer obschons si e puer Spiller vun hirer 1. Ekipp derbäi haten.
Esou hu mir d'Saison du mat deem Trouschtpräis vun der beschter Seniorséquip an der National 4 ofgeschloss, deen eis näischt sollt abrengen. Oder villäicht dach? Op der aussergewéinlecher Generalversammlung vun der Basketsfederatioun de 27. Mee, ass ee neit Championat gestëmmt gin, wat virgesäit, datt National 1 bei de Dammen a bei den Häeren no enger Transitiounssaison op 10 Veräiner opgestockt gett. Paralell dozou gin d'Espoirséquipen aus dem Seniorschampionat erausgeholl, sou datt 2 Plazen an der National 3 fräi géifen.
Wann et elo awer net genuch Ekippen gin, wéinst Fusiounen a Retraiten vu Veräiner fir nach eng National 4 beizebehalen, da gett et eng National 3 mat zwou oder méi Poulen.
Egal ewéi et ausgeet eis Häeren dierften an der Saison 2002/2003 an der National 3 spillen, well mer eben déi 1. «Net-Espoirséquip» an der National 4 sin.

**Nationale 4 - Hommes: Poule A - Montée**

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 12/01/2002 | 14501 | **Schieren** | **93** | - | 68 | Berbourg |
| 20/01/2002 | 14507 | **Heffingen E** | **84** | - | 70 | Schieren |
| 26/01/2002 | 14513 | Schieren | 75 | - | **95** | **Walferdange E** |
| 03/02/2002 | 14519 | **Ettelbruck E** | **60** | - | 57 | Schieren |
| 23/02/2002 | 14525 | **Schieren** | **92** | - | 72 | Kayldall |
| 10/03/2002 | 14502 | Berbourg | 49 | - | **91** | **Schieren** |
| 22/03/2002 | 14508 | Schieren | 75 | - | **88** | **Heffingen E** |
| 07/04/2002 | 14514 | **Walferdange E** | **102** | - | 60 | Schieren |
| 13/04/2002 | 14520 | Schieren | 61 | - | **72** | **Ettelbruck E** |
| 20/04/2002 | 14526 | Kayldall | 90 | - | **93** | **Schieren** |

**Nationale 4 - Hommes: Poule A - Mont**

| # | Equipe | Joué | Gagné | Perdu | Points | Nul | Forfait | Off | Def |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | US Heffingen E | 10 | 9 | 1 | 19 | 0 | | 751 | 620 |
| 2 | Résidence E | 10 | 8 | 2 | 18 | 0 | | 853 | 618 |
| 3 | Etzella E | 10 | 7 | 3 | 17 | 0 | | 736 | 617 |
| 4 | Black Frogs | 10 | 4 | 6 | 14 | 0 | | 767 | 780 |
| 5 | Red Miners Keel | 10 | 2 | 8 | 12 | 0 | | 804 | 859 |
| 6 | Avenir Berbourg | 10 | 0 | 10 | 9 | 0 | (1 ff) | 483 | 900 |

# Coupe Compétiounen

Am Géigesaaz zum Championat haten d'Häeren hei méi Succès ewéi d'Dammen. Well Dammen an der National 2 spillen däerfe sie net an der Coupe FLBB spillen, dofir hate sie direkt ee Mätsch an der Coupe des Dames zu Steesel, dee mat 91 - 49 verluer gung. Domat wär fir d'Dammen d'Coupe gelaf.

D'Häeren haten an der Qualifikatioun fir d'Coupe de Luxembourg, déi och als 1.Ronn bei der Coupe FLBB zielt, keng Problemer géint de Préizerdaul. An der Coupe de Luxembourg ass et du mat Miersch virugaangen. Mir haten ee Virsprong vun 20 Punkten, deen awer bis an d'Halschent scho bal opgebraucht war. Mir haten dunn nach weider gudd matgehalen an hun um Enn mat 94 - 111 nach eng éierbar Néierlag géint den Opsteiger an d'National 1 vun deser Saison erausgeschloen. D'Coupe de Luxembourg wär fir eis Häeren dunn och ofgeschloss.

An der Coupe FLBB krute mer dunn de Grengewald Hueschtert aus der National 3 op Besuch, déi mer dee ganze Mätsch an der Gitt haten, datt sie net eemol während dem Mätsch virkoumen. Just zum Schluss hu mer zréckgeschalt an hun se op 2 Punkten erukommen gelooss. 93-91 hate mer dese Mätsch gewonnen. An der Hallefinal vun der Coupe FLBB si mer du géint Péiteng ugetrueden. An der Paus hate mer nach ee Viirsprong vun em déi 10 Punkten.

Am drëtte Véierel ass guer näischt méi zesummegelaf an hun desen eleng mat 7 - 27 verluer gehat. Am leschte Véierel konnte mir de Retard erem ophuelen an hun et verpasst gehat fir de Mätsch an d'Verlängerung ze kréien. Well hiren Amerikaner Sekonne virum Schluss mat 5 Feler vum Terain gaangen ass, hätte mer an deser gudd Chance gehat de Mätsch awer nach ze gewannen. Mais esou ass et mat 80 - 82 fir Péiteng op een Enn gaangen.

# Neien Trainer

Nodeems de Vlado eis ugekënnegt hat no Chrëschtdag net méi eis Seniorséquipen ze trainéieren, hu mir eis no engem Trainer emgekuckt. Matten an der Saison ass dat net esou einfach, well da kritt ee meeschtens just een, dee bis dohin nach kee Veräin fonnt huet oder schon éirens anescht gekënnegt krut. Esou ass et eis dunn och gaang, a mir hate kee gudde Gréff mat eisem Interimstrainer gemeet, deem mer dunn, no Meenungsverschiddenheeten, 2 Mätscher virum Enn vun der Saison hu kënnege missten.

Mir wollten awer op deser Plaaz dem Vlado fir seng Arbecht die hie während bal 4 Joer hei zu Schieren geleescht villmols Merci soen a wenschen him Bonne Chance a sengem neien Trainerjob bei den Dammen an der Fiels. Hie bleiwt eis awer als Trainer bei de Jugendekippen erhalen.

Fir déi nei Saison konnte mir een neien Trainer fir eis Seniorsekippen (Dammen an Häeren) engagéieren. Desen heescht Allen Jones, hien ass Amerikaner a schon zënter Joeren am Lëtzebuerger Basket bekannt, well en a senger Zäit als Spiller zu Hiefenech a Steesel an der National 1 gespillt huet. Desweideren hat hien och scho verschidden Trainerposten ewéi z.B. nach virun 2 Saisonen d'Dammen vum BBC Mess déi dest Joer bei den Dammen Champion gi sin.



## Journée de recrutement:

# Fir Kanner déi gäere Basket spillen

An der Saison 2002/2003 gi mir mat neie Jugendéquipen an d'Championat, an dofir invitéire mir Kanner a Jugendlecher an allen Alterskategorien (vu 6 Joer un) samsdes, den 13. Juli 2002 op eise Basketsdag, an der Sportshal.
Dat Ganzt geet um 14:30 Auer un, a geet bis ongeféier 17:00 Auer.
Sidd dann w.e.g. um 14:00 Auer do a brengt äer Basketsschung a gudd Laun mat.
Wann's du net kanns deen Dag dosin an awer wëlls bei eis Basket spillen, da mellt dech um Tel. 091 810 679 oder 81 15 51.

# TENNIS CLUB SCHIEREN

***Wéi all Joer war am Mee de Championnat vun de Meedercher. Mir haten zwou Ekippen ugemellt.***

**Filles A:** Joergang 88 bis 92. Si si vu 5 Mätscher dreimol ugetrueden, eng Kéier ware si Exempt, an déi zweete Kéier huet d'Ekipp vu Miersch sech zréck gezunn. Si sinn déi Drëtt an hirer Poule ginn.

***Hei ass d'Klassement:***

| | P.cl. | Matchs | Sets | Jeux |
|---|---|---|---|---|
| 1.Schuttrange | 9 | 16 | 31 | 125 |
| 2.Wiltz | 5 | -4 | -5 | 0 |
| 3.Schieren | 4 | 2 | 2 | 5 |
| 4.Bissen | 0 | -14 | -28 | -130 |
| 5.Mersch retirée | | | | |

Hei sinn d'Meedercher déi fir eis gespillt hunn.

Op der Foto gesidd dir:

Thill Laura, Schmit Lynn, Goerens Jil
Lommel Anne, Brücher Linda, Schmit Manon

Op der Foto feelen:

Schaus Jil, Goerens Gabriela, Duarte Melinda, Gillen Tania



**Filles B:** Joergang 84 an duerno. Vun hire 5 Mätscher hu si der 2 gewonn an 2 Mätscher gläichgespillt. 1 Tour ware si fräi well d'Ekipp vun Ettelbréck nit ugetrueden ass.

***Hei och d'Resultater vun de «Filles B»:***

| | P.cl. | Matchs | Sets | Jeux |
|---|---|---|---|---|
| 1.Erpeldange | 9 | 8 | 15 | 69 |
| 2.Schieren | 8 | 6 | 14 | 56 |
| 3.Grevenmacher | 7 | 2 | 5 | 34 |
| 4.Wiltz | 6 | 2 | 1 | 15 |
| 5.Bissen | 0 | - 18 | - 35 | - 174 |
| Ettelbruck retirée | | | | |

Hei sin d'Meedercher déi fir eis gespillt hun.

Op der Foto gesidd dir:

Goerens Nathalie, Zeimes Ann, Thill Sarah
Zimmer Martine, Zimmer Carole, Elsen Celia

Op der Foto feelt: Bertemes Romy



De Comité vum TC SCHIEREN gratuléiert hinnen a seet all deene Leit Merci, déi si all Sonndes ënnerstëtzt hunn.



# Den Hämmelsmarsch

De Péitrus war dëst Joer um Päischtsamsdeg net op eiser Säit. Ënner Schloreen hu mir eis mat Kiddel, Fischi, Stréihut a mat K-way drop op de Wee gemeet, fir mam Hämmelsmarsch d'Kiermes an de Niewestroossen, der Colmer-Gare, der Schierener Millen, op der Schlaed, dem Kräizbierg an zu gudder Lëscht um Mathges- a Birkenhaff anzelauden. Géint der Owend wéi déi Meescht vun eis trotz K-way gudd naass waren huet de Reen endlech opgehal.

Wéi een op der Foto geséit, ass den Hämmelsmarsch och bei eiser Jugend eng beléiwten Ugeleenheet , an et kann ee roueg soe si waren déi zwéin Deeg mat Leif a Séil derbäi.

Sonndes moies war Rendez-vous em halwer neng am Kéiwee. Dem Weltesch Jeng seng Schof hu schon mat Flätschen dekoréiert mat hirem Schéifer Fränk op déi lëscht Musikante gewaart, déi nach besselche midd vum Virowend ugetrëppelt koumen. Pénktlech ass den éischten Hämmelsmarsch am Kéiwee erschaalt, .... an d'Kanner loossen hire Kaffe ston fir dene schéinen Hämmel nozegon........ Mam Schéifer a senge Schof virop ass d'Musek durch d'Haaptstrooss gezunn fir och hei op d'Kiermes anzestëmmen . Um Ënn ware mir bei d'Antonia an de Paulo a Kesslesch op e Patt an d'Kiermesdrëpp invitéiert.



De Comité vun der Schierener Musek profitéiert, fir Iech all vun dëser Plaz aus, villmols Merci ze soen, fir Äer finanziell, moralesch a läiflech Ënnerstëtzung während deenen zwee Deeg.

# Samsdes, de 27. Abrëll, hat d'Schirener Musek op de Gemeinschaftsconcert mat der Harmonie aus dem Rolléngergronn ëm 20 Auer an d'Sportshal invitéiert



Fir de Prouwebesuch nom Galaconcert op engem méiglichst héige Niveau ze halen, hu mir am Comité beschloss eng zousätzlech Erausfuerderung mat dësem Gemeinschaftsconcert unzepeilen.
Wéi koum et zur Iddi ee Concert zesumme mat der Harmonie aus dem Rolléngergronn ze organiséieren.
Eise Bassist, de Sigi huet nom Ofschloss an der Musekschoul zu Ettelbréck weider Musekscoursen am Conservatoire an der Stad geholl, an dobäi de Roland Schiltz, Chargé de cours am selwechte Conservatoire an Dirigent vun der Grënneschter Musek kennegeléiert. Der Grënneschter Musék huet zu engem besonneschen Ulass ee Bassist gefeelt, de Sigi ass agesprongen a gouf séier zum feste Bestanddeel vun dëser Musek, well hien hat sech ziemlech séier an d'Clarinettistin Martine Schiltz, Schwëster vum Roland verkuckt.
Souwäit zum Zestanekomme vun dësem Gemeinschaftsprojet. Et gouf festgehal ee Gemeinschaftsconcert am Rolléngergronn den 20. Abrëll an de 27. Abrëll hei zu Schieren ze spillen. Bei denen zwee Concertsen ass den éischten Deel vun der auswärteger Musek eleng, an den zweeten Deel vun denen zwee Ensemblen zesummen opgefouert ginn. Déi zwou Museken hu jiddereen déi Stécker vum Gemeinschaftsconcert fir sech ageprouft, duerno ass eng gemeinsam Prouf am Rolléngergronn an eng hei zu Schieren ofgehal ginn. An der Direktioun hu sech déi zwee Dirigenten ofgewiesselt. Fir, datt d'Musikante sech un d'Direktioun vum Dirigent vun der anerer Musek gewinne konnten, huet de Blaise Stelandre eng Prouf am Rollengergronn, an de Roland Schiltz eng héi zu Schieren ofgehal.

## Nun awer zum Concert vum 27. Abrëll

Duerch de Programm huet de Musikant Guy Engels, Hautbois vun der Harmonie Rolléngergronn gefouert.

Am éischten Deel, ofgefouert vun der Harmonie aus dem Rolléngergronn, waren: Victory vum Jan de Haan, Rainbow Worrior vum Kees Vlak, Shirim vum Piet Swerts, Toccata in C Minor vum J.S. Bach a Lord of the Dance vum Roman Hardiman ze héieren.

Am zweeten Deel hun déi 95 Musikantinnen a Musikanten een imposant Bühnebild ofginn, a wossten d'Publikum mat Life On Mars vum David Bowie, Toccata for Band vum Frank Erickson, Inspiration an A Discovery Fantasy vum Jan de Haan ze begeeschteren.

D'Siewebureschlass aus dem Rolléngergronn, dat Villeroy & Boch viru Joren, an engem desolaten Zoustand opkaaft a restoréiert huet, war de passenden Dekor zu dësem Concert.

# Päischttournoi vun der Härenekipp

Den 20. Mee war et nees esou wäit: D'Härenekipp hat invitéiert an all Veräin huet positiv op dèss Invitatioun reagéiert. Päischtméindeg mëttes um 5 Auer gong et lass no der Formule jidderee géint jiddereen. Et gong iwwer d'Breet vum Terrain esou datt ëmmer gläichzäiteg 2 Mätscher matenee konnte gespillt ginn. Exemplaresch war och erëm di leeferesch Leeschtung vun deene 2 Arbitteren Marcel Bertemes an André Schmit, un hirer fachlecher Kompetenz huet souwisou kee gezweifelt. An bekannt gekonnter Manéier ass den Claude Pauwels senger Missoun als Stadionssprecher gerecht ginn an hien huet no all Mätsch Tëschestänn iwwert de Mikro duerchginn, esou, datt déi zahlräich Spektateuren ëmmer wousste wéi et em hir preferéiert Ekipp stong.



Hei d'Resultater vun deene verschiddene Mätscher:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Musek | - | Tennis | 0 - 1 |
| Pompjeeën | - | Basket | 0 - 3 |
| Basket | - | Musek | 0 - 0 |
| Pompjeeën | - | Tennis | 0 - 0 |
| Basket | - | Jugend | 0 - 0 |
| Tennis | - | Jugend | 0 - 0 |
| Basket | - | Tennis | 0 - 1 |
| Pompjeeën | - | Härenekipp | 0 - 3 |
| Härenekipp | - | Jugend | 0 - 0 |
| Tennis | - | Härenekipp | 0 - 0 |
| Jugend | - | Pompjeeën | 2 - 0 |
| Härenekipp | - | Musek | 1 - 0 |
| Musek | - | Pompjeeën | 1 - 1 |
| Härenekipp | - | Basket | 0 - 0 |
| Jugend | - | Musek | 2 - 0 |



Duerch dës Resultater louchen d'Jugend an d'Härenekipp punkt-a golgläich un der Spëtzt, an am Entscheedungsmätsch huet d'Routine vun der Härenekipp sech mat 3-0 géint d'Jugend duerchgesat, dat huet folgend Schlussklassement erginn:

| | |
|---|---|
| 1. Härenekipp | 4. Basket |
| 2. Jugend | 5. Musek |
| 3. Tennis | 6. Pompjeeën |

E grousse Merci sief awer och un all déi Aktiv an d'Zuschauer geriicht, déi duerch hir generéis Donen der Härenekipp et erméiglechen enger gemengnëtzlecher Institutioun finanziell ënnert d'Äerem ze gréifen. Des Scheckiwwerreechung ass geplangt beim Mätsch vun der Härenekipp Schieren - Gilsduerf den 23. September un d'Organisatioun «Handicap Mental» vum CHNP Ettelbréck. Zu dem Ulass ginn och Vertrieder vun allen Ekippe vum Päischttournoi agelueden als klenge Merci fir d'Participatioun um sportlechen a finanzielle Plang.




# Schoulsport — Dag zu Schieren

Op Wonsch vun der Unterrichts-Ministesch Anne Brasseur soll vun d□sem Schouljoer un all Joer een Dag fir den Schoulsport reserv□iert ginnAll eis Kanner, vum Pr□coce bis dsëchst Schouljoer waren mat Begeeschterung derb□i, w□i eist L□ierpersonal d□senWonsch den 21 M□rz 2002 nokom ass. Ennerst□tzt vun den lokalen Sportsver□iner an mat H□llef vun der Schoulkommissioun an verschiddene Fr□iw□lligen waren an der Sportshal verschiddenAtelieren ageriicht ginn. D□Gemengenautorit□iten konnten sich op der Plaz vum Succ□s vun der Organisatioun iwwerzeegen.









# Schulkinder aus Schieren spenden 2.200 EUR für krebskranke Kinder

Einen großartigen Erfolg erfuhren die Primärschüler der fünften Klasse aus Schieren, als sie am 27. und 28. April 2002 ihre beiden Theaterstücke «Wat gescheit Kanner» und «Fatzbeidelen & Rappdeckelen» im Festsaal der Gemeinde Schieren aufführten, wobei der Erlös krebskranken Kindern zugute kommen sollte.
Unterstützt wurden die jungen Theaterspieler bei dieser Veranstaltung, bei der die Spendensumme von 2.200 EUR zusammengekommen war, sowohl vom Lehrpersonal der Primärschule als auch von freiwilligen Helfern und Spendern.

Am Freitag, den 14. Juni 2002 überreichten die Schüler den entsprechenden Scheck an Marie-Marthe Bruck, Präsidentin der «Fondatioun Een Häerz fir kriibskrank Kanner». Diese bedankte sich herzlich für die finanzielle Unterstützung, lobte den Hilfsgeist der Kinder und erläuterte ihnen anschließend die weitere Verwendung des Geldes. Demzufolge wird diese Spende dem "Monte-malade mobile" zukommen, damit kranke Kinder, welche im Rollstuhl sitzen, ebenfalls an verschiedenen Aktivitäten teilnehmen können.



# D'Schouljoeren stellen sech vir !

Mir sin d'fënneft Schouljoer vu Schieren,
An t'Schoul gi mir net ëmmer gieren
Mir sinn zwar an zwou Klassen opgedeelt,
Et huet eis duerfir awer un näischt gefeelt.

Eis zwee Schoulmeeschteren gi sech mat eis ganz vill Méi,
Vläicht fueren mir dësen Summer mat hinnen op den Séi.
Am Wanter haten mir op der Äispist ganz vill Spaass,
Vun den Schnéiflacken goufen mir op eemol e bëssen naass.

Den jonke Schoulmeeschter, den Här Luc Mousel,
Erklärt eis alles vun de Schëffer op der Musel.
Den anere Schoulmeeschter, den Här Kempa Jos,
Fiert am léiwsten mat eis op t'Äispist, wou da soss?

An der Paus gouf et zerrasse Boxen,d'Hänn geschand,
Oft dreckeg Schong voll Bulli an t'Hoer am Wand.
Et gouf op dem Terrain vill Kreesch, Kaméidi dack
Wéint dem Futball ganz vill Ierger, all Ablack.

Am Abrëll, wéi Dir jo wësst,gouf et bei eis Schoultheater,
Jidfereen wousst seng Roll ganz gudd an huet gemoolt Plakater.
Fir kriibskrank Kanner hu mir gespend den Erléis,
An schécken lech virun der Vakanz nach schéin Gréiss!


Mir sinn awer zwou Klassen voll lieweger Kadetten,
Déi am léifsten gären ëmmer gudd Punkten hätten.
Ob mir am sechste Schouljoer zesumme kommen oder nee,
Dat ass net eis Entscheedung,an et weess nach keen !



***Ecole Primaire Schieren***
***5. Schouljoer***
***Jos Kempa***
***Octobre 2001***
*Stéphan Lima Aleixo*
*Chris Goerens*
*Patrick da Silva Pinto*
*Jos Kempa, David Balthasar*
*Tom Dostert, Yann Lanco*
*Jennifer Thomas*
*Jacine Darouach*
*Marie-Claire Mossong*
*Pol Berwick, Stevi Marbes*



***Ecole Primaire Schieren***
***5. Schouljoer***
***Luc Mousel***
***Octobre 2001***
*Lis Schaus, Laurent Neu*
*Charel Weiler, Guido Balthasar*
*Vanessa da Silva*
*Kevin Duarte Fonseca*
*Nadine Fuchs*
*Manou Schroeder*
*Annick Gillen, Chris Berwick*
*Luc Mousel*



**Ecole Primaire Schieren**
**3. Schouljoer**
**Myriam Stüren**
**Octobre 2001**
*Philip Michels,*
*Désirée Waldbillig,*
*Célia Giudice,*
*Martine Kemp,*
*Joe Nowotny,*
*Myriam Stüren,*
*Sven Van der Meer*
*Chris Fuchs*
*Michel Dostert*
*Jeff Van der Pal*
*Anne Goerens*
*Valérie Everard*
*Andrea Totaro*
*Claudia Carvalho Oliveira*
*Christoph Weiler*
*Ben Feinen, Jessica Hansen*
*Andy Silva Fortes, Pit Gries*
*Jessica Pires dos Reis*



***Och dest Joer war fir 19 Kanner aus dem 3. Schouljoer erem deen groussen Dag vun der 1. Helleger Kommunioun.***
***Op desem schéinen Dag goufen d'Kanner vun e puer fräiwellegen Mammen virbereed. Der Sach ugehol haten sech dest Joer enner anerem d'Mad. Everard-Nilles, Mad. Guidice an Mad. Feinen***

***An dann endlech war et souwäit, 3 Wochen no Ouschteren, den 21. Abell 2002, war zou Schieren d'Fest vun der 1. Helleger Kommunioun. (next Joer ass D'Kommunioun 2 Sonndeger no Ouschteren)***

# SCHIERENER KOMMIOUNSKANNER ËNNERSTËTZEN D'ALPAPS



Viru kuerzem hun d'Kommiounskanner vu Schieren mat hirem Paschtouer Romain Gillen an der Buvette vun der Sportshal e Scheck vun 1 335 Euro un d'Alpaps iwwerreecht. Alpaps ass d'Ofkierzung fir "Association luxembourgeoise pour la pratique des activités physiques et sportives des personnes inadaptées et handicapées mentales".

Bei hirer Kommioun hun d'Kanner op Geschenker verzicht a Geld fir e gudden Zweck gesammelt. Sou ass déi Zomm vun 1 335 Euro zustane komm.
Bei der Scheckiwwerreechung kruuten d'Kanner e Videofilm iwwer d'Aktivitéite vun der Alpaps gewisen.

# Abschied von der Primärschule

Die Schüler aus dem 6. Schuljahr besuchen nächstes Schuljahr eine andere Schule. Die meisten von ihnen freuen sich auf eine neue Herausforderung.
Sie sind gespannt auf die Professoren und Professorinnen.
Sie hoffen, dass sie neue Freunde kennen lernen.
Hier sind einige Aussagen von den Schülern selbst:

**Caroline:** Wir hatten nettes Lehrpersonal. Die Turnlehrerin Patz Gilson hatten wir von der 1. bis zur 6. Klasse, ich werde sie sehr vermissen!

**Dany:** Das Schönste waren die Pausen. Unser Fußballfeld ist toll!



**Tessy:** Ich bin traurig, dass ich bald zum letzten Mal in die Primärschule gehe. Leider war die Religionslehrerin Monette Polfer dieses Jahr krank.
Die Ersatzlehrerin Berthe Mander ist auch sehr nett.

**Giacomo:** Ich spiele gerne Fußball in der Pause. Ich freue mich, neue Freunde kennenzulernen. Ich werde in Echternach zur Schule gehen.



**Stéphanie:** Wir hatten viel Spaß in der Schule. Ich habe ein bisschen Angst vor der neuen Klasse. Ich werde mich dran gewöhnen, denn meine Freundinnen sind auch in der Ecole Privée St. Anne. Ich werde immer früh aufstehen müssen.

**Marina:** Ich freue mich auf die tollen Ausflüge, die wir noch geplant haben.

**Carmen:** Es waren sehr schöne Jahre in der Primärschule. Meine alten Freunde werde ich vermissen.
Es gab witzige wie traurige Zeiten.
Die Primärschule Schieren ist eine einmalige Schule!!!!!

**Elisabeth:** Ich bin traurig meine Freundinnen zu verlassen, denn keine von ihnen geht ins Lycée technique nach Ettelbruck.
Am meisten aber vermisse ich meine Lehrerinnen.
Ich bin glücklich, dass dieses Jahr wieder ein Schulfest ist und dass wir so tolle Ausflüge machen.



**Pol:** Ich werde das Fußballspielen in der Pause bestimmt vermissen. Ich hoffe, dass ich neue Freunde finde, und wenn möglich, auch eine Freundin. Ich freue mich auf das Schulfest!



**Laura:** Das letzte Schuljahr ist viel zu schnell vergangen. In den letzten Monaten mussten wir viele Tests schreiben, um richtig orientiert zu werden. Zum Glück mussten wir kein Examen bestehen. In ein paar Wochen haben wir 2 Monate Ferien, die ich in vollen Zügen genießen werde. Schade, dass ich meine alten Freunde nächstes Jahr nicht mehr täglich sehe!

**Julien:** Die Pausen waren das Beste der vergangenen sechs Jahre! Ich habe die Lehrer und Lehrerinnen in dieser Zeit viel genervt. Die Tests waren nicht so schlimm wie ich dachte. Hoffentlich lerne ich nächstes Jahr viele schöne Mädchen kennen. Wir haben in den nächsten Wochen noch sehr viel vor. Ich freue mich riesig auf nächstes Jahr.

**Gabriela:** Ich werde meine besten Freunde vermissen. Ich freue mich auf neue Fächer. Schade, dass ich in eine Mädchenschule muss! Ich lerne aber bestimmt auch Jungen kennen. Ich denke noch oft an Joffer Plier. Ich bin froh, aber auch ein bisschen traurig.

**Max:** Die Tests waren schwieriger als ich dachte. Aber sonst war alles in Ordnung. Gleich kann ich mich 2 Monate von dem Schulstress erholen. Aber dann fängt die Schule schon wieder an. Ich werde viele von meinen Freunden vermissen, aber am meisten vermisse ich die Pausen, in denen wir uns gut amüsiert haben. Ich verabschiede mich mit einer Träne im Knopfloch von der Primärschule Schieren!



**Ben:** Ich freue mich auf die neue Schule. Aber die Primärschule war auch eine schöne, aufregende Zeit. Die Tests waren leichter als ich dachte, und zum Glück hatten wir kein Aufnahmeexamen. Ich werde meine Klasse, aber vor allem die Pausen, vermissen.

**Sven:** Unsere Lehrerin ist sehr nett, denn sie hat viele Ausflüge geplant. Am meisten werde ich unsere Klasse und vor allem das Fußballspielen in der Pause vermissen.



**Sonia:** Ich werde all meine Freunde und Lehrerinnen vermissen, vor allem Joffer Jeanny. Sie war streng, aber sehr nett mit uns. Sie musste sich oft über uns ärgern, aber sie wollte immer nur das Beste für uns.

**Mike:** Endlich kann ich die Primärschule verlassen. Ich freue mich auf die neuen Schulfächer Chemie und Physik und auf die neuen Lehrer.

Das letzte Jahr war sehr hart, denn wir mussten schwierige Tests machen. Ich verabschiede mich von meinen drei Lehrerinnen: Joffer Thein, Joffer Plier und Joffer Jeanny


Wie wir also erfahren haben, waren die Schüler ganz zufrieden in der Primärschule Schieren!

Folgende Ausflüge stehen noch auf dem Programm:

- Musée des Mines in Rümelingen
- Musical in Hosingen (geschrieben von Roland Meyer, der auch als Lehrer in Schieren tätig war)
- Ausflug in den Vergnügungspark 'Six Flags' in Wavre

Außerdem nehmen die Schüler an einem Theaterworkshop teil, organisiert vom Centre des Arts Pluriels aus Ettelbrück.

***Wir wünschen den Schülern alles Gute für das nächste Schuljahr und hoffen, dass sie die Schierener Primärschule in guter Erinnerung behalten!***



***Ecole Primaire Schieren***
***6. Schouljoer***
***Mme Steffen-Dondlinger***
***Octobre 2001***
*Giacomo de Bartolo*
*Max Zanter*
*Stéphanie Fernandes Cardoso*
*Sven Simon, Julien Kemp*
*Jeanne Steffen-Dondlinger*
*Tessy Mossong*
*Carmen Graff, Loureiro Simoes*
*Dany-Michel Martinho Caceiro*
*Gabriela Goerens, Pol Zeimes*
*Marina Dalfino Pereira*
*Mike Everard*
*Sonia Cardoso Leite, Ben Elsen*
*Elisabeth Weiler, Laura Thill*



***Ecole Primaire Schieren***
***4. Schouljoer***
***Roger Muller***
***Octobre 2001***
*Joe Totaro, Tania de Pinho Tavares, Stefan Schaap*
*Kim Gillen*
*Sandy Schloeder*
*Elton John Delgado*
*Tony Freitas,*
*Andreia da Silva Fernandes*
*Mandy Schmitz*
*Marylène Figueiredo*
*Ben Schmit, Max Mossong*
*Sarah Rizzi, André Teodoro da Costa, Tamara Nowotry*
*Tom Origer, Ania Lepage*
*Roger Muller*

# BUET LOUIS

Elo ass hien erëm do, eise Louis de Buet
an huet eis vill Neies aus dem Duerf matbruecht.
All Guddes eisem Big boss fir de Gebuertsdag
den him sëcher vill Freed a Spaass gemaach.
Am Wanter haten d'Veräiner vill gebueden
si hun eis op d'Fester a Baler agelueden.
Mam Buergbrenne wollte mir de Wanter verjoen
mä dogéint huet hie sech daper geschloen
Ewéi ëmmer war den lertzenbulli gutt preparéiert
an Taart mat Kaffi krute mir och nach servéiert.
Owes war engt schéint Freedefeier ze kucken
an zefridde konnte mir op Heem zouschrécken.
Mam Theaterveräin konnte mir eis nët bekloen
well d'Bom hat dëss Kéier richteg zougeschloen.
D'Kommiounskanner hate wéi ëmmer e schéinen Dag
d'Wieder war gutt an d'Musek huet hir Saach gutt gemaach.
Sie goufe vun der Gemeng bis bei d'Kierch begleed
mat flotten Weisen huet de Gesank si durch d'Mass geleet.
Bei der Amiperas geet et lëschteg zou
mat Freed a Begeeschterung si si ëmmer do
si spillen «Mensch ärgere Dich nicht», an och emol Kaart
dann drënke sie Kaffi mat Kuch an Taart.
All denen déi hëllefen déi Stonnen ze verschéineren
solle mir Merci soen wëll sie sech devouéieren.
Eng Invitatioun vun de Schoulkanner gouf eis zougestallt
mat hire Schoulmeeschtere gët Theater gespillt am grousse Sall.
Ewéi ëmmer spende sie d'Geld fir e gudden Zweck
ëmmer esou weider dir Hären, an nët gezéckt
well hei am Land as nach vill gutt a besser ze machen
an dofir si se néideg esou generéis Saachen.
Wa mir déi vill gutt Veräiner nët hätten
mir misste se nach kréien, loosse mer wetten.
Schons Joer an Dag hate mir Schierener eis Pilgermass
elo gouf dat geännert, wat ass dann do lass.
Mir sin ëmmer gären muerges fréi lass gezunn
fir um 7 Auer eis Mass mat eegenem Gesank ze hunn
eng laangjähreg Traditioun gouf elo gebrach
ewéi geet dat virun, a wat kënnt dann nach?
Elo wëll ech äddi soen bis déi nächste Kéier
dann waërte mir erëm vill Neies aus dem Buet héieren.

Marthe Gengler-Huss

## D'Schierener Massendenger

Eng flott Traditoun wëllt et esou, dass d'Massendenger an der Karwoch och klibberen ginn.
An esou hun eis Massendenger och dest Joer vun Karfreideg moies un bis Ouschtersamsdeg owes versicht d'Schierener Klacken esou gutt ewéi méiglech ze ersetzen.
Nodeems si sech Samsdes moies mat Kaffi an Kaffiskichelcher gestierkt haten, sinn si durch Duerf gezun fir lech een schéint Ouschterfest ze wënschen.









Een häerzlechen Merci fir Äer generéis Ënnerstëtzung bei deser Gelegenheet

Sylvie Berwick

# Grouss Botz zu Schieren



Wéi an de vergaangene Joeren, sou wor och an dësem Fréijoer nees d'Grouss Botz ugesoot. De Rendez-vous wor um 9 Auer beim Pompjeesbau, vu wou déi verschidde Veräiner, Gruppen a Schoulkanner "hiren" Terrain resp. Deel fir ze botzen kruuten.
Mat Händschen a Tuuten ass d'ganzt Duerf duerchkämmt gin, fir souvill wéi méiglech Dreck opzerafen.

Et kann een nëmmen de Kapp rëselen wann e gesäit, wéi dat selwerernanntent "intelligenst Déier" seng eegen Natur a Liewensgrondlag zerstéiert a verdreckst.

No der Botz koume se alleguer fir e gudden Ierzebulli oder eng gudd Spaghetti, déi vun der Amiperas gekacht gouf, ziessen. Natiirlech huet de Patt och nit gefeelt.

# Si hu Lëtzebuergesch geléiert



Tëschent Oktober 2001 a Mee 2002 hun eng Reih Schierener Matbierger d'Lëtzebuerger Sprooch geléiert. Dëse Cours gouf vum Christiane Koeune-Nickels geleet a vun der Auslännerkommissioun organiséiert.
Drun deelgeholl hun déijéineg, déi schon éischt Kenntnisser an eiser Mammesprooch haten.

Zum Ofschloss kruut jiddereen, deen de Cours bis zum Schluss besicht huet, een Diplom.

*Dat waren: Maria Duarte, Ceteste Cardoso, Antonia Medina, Francine Schaillie, Eric Schaillie, Alcina Dos Anjos, Muamera Kuc, Jusuf Kuc, Madalena Arede, Lucia Lopes, Anne-Marie Phollo, Rosa Gonçalves.*

# Chantiers 2001-2002

**Chantier: Rue de la Gare**

Début: Janvier 2002
Fin: Mai 2002

Entreprise de Construction:
Heirens Constructions Colmar-Pont

Devis estimatif:
270.000 Euro



**Chantier: rue du X Septembre et Neie Wee**

Debut: Novenbre 2001
Fin: Juin 2002

Entreprise de Construction:
Heirens Romain Gilsdorf

Devis estimatif:
390.000 Euro



**Chantier: route de Stegen**

Début: Janvier 2002
Fin prévu: Décembre 2002

Entreprise de Construction:
Entreprise générale Rinnen Binsfeld



# SCHIERENER MANIFESTATIONSKALENNER
## *fir Juli, August an September*

| DATUM | DAAG | MANIFESTATIOUN | ORGANISATOR |
|---|---|---|---|
| 09.01.02 | METTWOCH | GENERALVERSAMMLUNG | AMIPERAS |
| 06.07.02 | SAMSDEG | NUETSRALLYE | JUGEND |
| 07.07.02 | SONNDEG | PASSAGE TOUR DE FRANCE | |
| 12.07.02 | FREIDEG | GENERALVERSAMMLUNG | BASKET |
| 20.-28.07.02 | SAMSDEG-SONNDEG | TOURNOI MARCEL NILLES | TENNIS |
| 24.07.02 | METTWOCH | COUPE ROGER ZIMMER | FOOTBALL |
| 25.07.02 | DONNESCHDEG | COUPE ROGER ZIMMER | FOOTBALL |
| 28.07.02 | SONNDEG | COUPE ROGER ZIMMER | FOOTBALL |
| 29.07.02 | MEINDEG | VAKANZAKTIVITÉITEN | JUGENDKOMMISSION |
| 31.07.02 | METTWOCH | GRILLFEST | AMIPERAS |
| | | | |
| 09.08.02 | FREIDEG | VAKANZAKTIVITÉITEN | JUGENDKOMMISSION |
| 31.08.02 | SAMSDEG | BASKETSDAG | BASKET |
| | | | |
| 01.09.02 | SONNDEG | BASKETSDAG | BASKET |
| 05.09.02 | DONNESCHDEG | BRADERIE | D'VEREINER |
| 08.09.02 | SONNDEG | POULETSFEST | POMPJÉEN |
| 20.09.02 | FREIDEG | SPORTLERÉIERUNG | SPORTSKOMMISSION |
| 22.09.02 | SONNDEG | SPORTSAKTIVITÉITEN+ AUTO-FREIEN SONNDEG | GEMENG |
| 25.09.02 | METTWOCH | GENERALVERSAMMLUNG | TURNVERÄIN |

(SOURCE: FESTKALENNER VUN DER KULTUR AN FESTKOMMISISIOUN)



Commune de Schieren